

An der CSV, Här President, do waren och zwou Deputéierten, déi haten och eng Ausso gemaach.

» M. Ben Fayot (LSAP).- Entschëllegt. Dir hätt dat solle virdru maachen, Här Gibéryen, amplatz duerno.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Dann hätt d'CSV vläicht geléiert. Mä d'CSV, déi ass net esou mat hire Leit ëmgaange wéi mir dat gemaach hunn. Do ass geschwat ginn, d'CSV wier als Geisel geholl ginn. Do ass geschwat gi vum „Zickenkrieg“ an der CSV. Et huet een CSV-Deputéierten zu mir gesot: Eis Tussien aus dem Osten, déi sinn amgaangen duerchzedréinen,...

» Une voix.- Merci!

» M. Gast Gibéryen (ADR).- ...a mir sinn nach annerhalleft Joer virun de Chamberwahlen, Här President.

Här President, esou ass d'CSV mat deem dote Problem ëmgaangen. Et weess haut nach kee wéi der CSV hir Positioun dann elo

iwwerhaupt an deem doten Domän ass. Den Zickenkrieg geet anscheinend nach riicht weider. Mir hunn op jidde Fall - Här Spautz, dat hutt Der ganz richtig gesot -,...

(Interruptions)

...Här President, eis kloer an eiser Positioun bezunn.

Zréck awer zu der Rententripartite, Här President. Mir hunn och duerfir ganz wéineg Vertrauen an déi Rententripartite do. Well dat sinn am Fong déiselwecht Leit, déi an der leschter Tripartite d'Gelder aus de Pensiounskeese vun dem Privatsecteur erëm weider geklaut hunn. Do sinn erëm weider Décisioune geholl ginn, wou d'Pensiounskeesen aus dem Privatsecteur geplëmmt ginn! An dat permanent! Dat ass och en Accord vun der Tripartite.

Déiselwecht Leit kommen dann elo zesummen a soen, elo musse mer eis Gedanke maachen iwwer eng laangfristeg Finanzéierung. Do hu mer guer keng gutt Gefiller, wann déi do zesummekommen, a mir wäerten och elo scho soen, datt mer duerfir ënner kengen Ëmstänn wäerten akzeptéieren, datt weider Verschlechterunge kommen. Well wann déi Gelder an de Pensiounskeese bliwwen wieren, déi dra misste sinn, wann net permanent

d'Regierungen doranner Gelder klaue ginn a wann déi Gelder géife gutt ugeluecht ginn, dann hätte mer kee Problem.

Wéi de Kolleeg Carlo Wagner nach Minister war, ass d'Gesetz gemaach ginn, fir d'Gelder kënnen besser ze placéieren. Dat huet gedauert, Här President, bis anscheinend elo ausganks dëses Joers, bis een Deel vun deene Gelder placéiert ginn ass. A mir kréien da gesot, datt mer wahrscheinlech 2% méi Rendement kéinte kréien iwwert dat dote Placéieren. Wa mer wëssen, datt mer hei net vu Peanuts schwätzen, mä mir schwätze vu siwe Milliarden Euro, déi mer kënnen investéieren, da freet ee sech, firwat datt d'Regierung esou lues war - méi lues geet et net! - fir déi Gelder ze placéieren, wou dann elo de Pensiounskeese Milliounen vun Euroen verluer gaange sinn, déi d'Banke verdéngt hunn!

Do muss ee sech dach d'Fro stellen, wem seng Interessen hei verschidde Leit vertratt hunn, wéi se déi Gelder nach net placéiert hunn. Dann huet ee ganz einfach e schlecht Gefill, wann elo déiselwecht Leit hannert zouenen Dieren erëm eppes ausmauschelen.

Mir hu kee Vertrauen do a mir soen, mir akzeptéiere keng Verschlechterungen am Pensiounswiesen! Wann d'Gelder an de

Pensiounskeese bliwwen wieren an uerdentlech placéiert gi wieren, dann hätte mer absolut, absolut keng Problemer, fir eng mëttel- a laangfristeg Pensioun ze finanzéieren!

Här President, mir stinn 18 Méint virun den nächste Parlamentswahlen. Haut kann een awer schonns soen, dass déi zwou Regierungsparteien, d'CSV an d'LSAP, déi virun de Wahlen „de séchere Wee“ an „mir paken et un“ versprach hunn, bei de grouse Problemer, déi d'Land huet, um Niveau vun de Finanzen, Investitiounen, Chômage, Wunnensbau, öffentlechen Transport, Schoulpolitik an esou weider virun enger eenzeger grousser Katastroph stinn. Mir wëllen eis un där net bedeelegen an duerfir stëmme mer géint de Budget.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Très bien!

» M. le Président.- Ech soen dem Här Gibéryen Merci. Domadder wiere mer um Enn vun eise Budgetsdebatten fir haut. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien um 9 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.45 heures)

SÉANCE 16

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Sommaire

- 1. 5800 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2008 (suite)
 - Discussion générale (suite): M. Aly Jaerling, M. Lucien Thiel, M. Charles Goerens, M. Roger Negri, M. Carlo Wagner (motion 1), M. Gilles Roth, M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget
 - Motion 1: M. Gast Gibéryen, M. Carlo Wagner (propose des modifications de texte), M. le Ministre Luc Frieden

2. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden et Jean-Louis Schiltz, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.01 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Vu datt d'Regierung nach net present ass, ka se eis och keng Kommunikatioun maachen.

Mir fueren da weider mat den Debatten, wou mer gëschter Owend opgehalen haten, mat de Budgetsdebatten. Fir haut hu mer nach sechs Riedner: den Här Aly Jaerling, den Här Lucien Thiel, den Här Charel Goerens, den Här Roger Negri, den Här Gilles Roth an den Här Carlo Wagner. Deen éischte Riedner huet elo d'Wuert, den hono-rabelen Här Jaerling.

1. 5800 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2008 (suite)

Discussion générale (suite)

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Merci, Här President. Der Madame Rapportrice och vu menger Sait aus Félicitatioune fir hire Rapport. Hire Rapport, awer och dee vum Här Finanzminister, reflektéiere genau déi Politik, déi dës Regierung sät hirem Untrëtt bedreift.

Si nennen déi Politik eng Politik vun der Continuitéit, vun de Spuermoossnamen a vun der Förderung vun der wirtschaftlecher Kompetitivitéit. Ech nennen dës Politik éischter eng Politik vun der kontinuierlecher Austéritéit. Et ass effektiv, wéi scho gesot ginn ass, déi schlëmmsten Austéritéit sät de Krichsjoren, ebe well se mam

Accord vun de Gewerkschaften zustane koun, déi net nëmmen de Kapp gebéckt hunn, mä hir Vertrieeder hei an der Chamber och nach dat Gesetz iwwert d'Index-manipulatione matgestëmmt hunn.

Uganks den 80er Joren hate mer och schonn eng Kéier esou Austéritéitsmoossnamen, mä do stoungen d'Gewerkschaftler do, wou se higeheieren, nämlech an der éischter Rei bei hire Kolleegen, déi géint d'Austéritéitsmoossname gestreikt hunn. Mä deemools war d'LSAP an der Opposition a stoung niewent de Gewerkschaftler. Dat huet d'LSAP duerno an d'Regierung bruecht, wou si déi Austéritéitsmoossnamen awer net ofgeschafft huet, an haut nach steet se nieft der CSV fir alt erëm eng Kéier Austeritéitspolitik mat duerchzezéien.

Här President, an dësem Land liewen och Mënschen. Dat schéngt awer nach net bis bei dës Regierung duerchgedrongen ze sinn. D'Politik soll sech nom Mënsch orientéieren an net géint de Mënsch. Et ass awer dat wat sät Joren hei am Land geschitt. Wann d'Regierung e budgetären Enkpass verspiert, versicht se sech ëmmer bei deene gesond ze stoussen, déi schonn näischt hunn. Dat ass méi einfach wéi sech u verschidde Lobbye reiwen ze goen. Déi sozial Schwaach an d'Salariat gi permanent geplëmmt an och d'Famillje si mat där onsozialer Manipulation vum Index gebedelt ginn. Klengverdänger a Rentner, fir déi den Index déi eenzeg Opbesserung vun hirer Kafkraaft bedeit, falen och dorënner.

Elo soll dës Austéritéitspolitik och nach am Joer 2008 weidergefouert ginn, obwuel et keng Grënn méi dofir ginn. Dorunner ännert och déi sougenannte selektiv Steuerupassung näischt. D'Famillje sollen eng Opbesserung vun 922 Euro pro Kand zougestane kréien. Dat sinn awer keng 922 Euro netto, well den Abatement fir Kanner

bei de Steieren ewechfält. Déi 922 Euro solle wéinst administrative Schwierigkeeten eréischt Enn 2008 ausbezuelt ginn. De steierlechen Abatement fir Kanner soll awer schonn ab Januar 2008 ewechfalen, esou datt deemno eng Famill zum Beispill mat dräi Kanner, déi bis elo Steuerklass 2.3 war, dann als Steuerklass 2 behandelt gëtt an da Steiere muss bezuelen iwwert d'ganz Joer 2008 eraus.

Dës Mesure ka vill Famillje mat klenge Revenuen an d'Précaritéit geheien. Wann ee wierklech de Famillje wëllt entgéintkommen, dann dierft d'Ofschafe vum Steuerabatement fir d'Kanner eréischt ab 2009 gëllen, wann d'Leit hir Sue kritt hunn. Et dierf dach net sinn, datt de Stat eppes besteiert, wat d'Leit iwwerhaupt nach net kritt hunn.

Bei dëser sougenannter Steuerselektivitéit ginn et der awer och, déi guer näischt kréien, an dat ass hei iwwerhaupt nach net ernimmt ginn. Dat sinn déi, déi keng Steiere bezuelen an trotz der 6%eger Upassung vun der Steiertabell eidel ausginn. Dat si Familljen ouni Kanner, Rentner, Witfraen a Witwer, all déi also, déi schonn net vill hunn. Dofir profitéieren d'Groussverdänger, esouer wéi mir zum Beispill, awer ëmsou méi vun dëser esou sozialer Mesure.

Här President, et ass eng falsch Politik, wann een un d'Kärzell vun der Gesellschaft zape geet, an d'Kärzell vun der Gesellschaft ass nun eben emol d'Famill. Et muss an d'Famill investéiert ginn an och besonnesch an d'Grënnung vu Familljen!

Wann ee gären hätt, dass eis demographesch Situatioun sech verbessert a mer net weider musse Familljen importéieren an och wëlle verhënneren, datt eis Familljen an d'Grenzgebidd auswandere, da muss den Invest an d'Familljen hei am Land eng absolut Prioritéit hunn. Dat schonn eleng fir de Kanner déi Ausgangsbasis ze ginn, déi se brauche fir an engem gesécherten Ëmfeld opwuessen ze kënnen. Dofir ass et och wichtig, datt all Elterendeel vun der Famill ofgeséichert ass.

D'Sozialversécherung muss esou orientéiert sinn, datt och wann ee vun den zwou Partner doheem bleift, fir sech ëm d'Famill ze këmmere, deen anere Partner seng Rechter behält. Dat net nëmme wat d'Ofsécherung an de Krankekeese betrëfft, mä och am Pensiounswiesen. An dofir muss menger Usiicht no den Artikel 177 vum Code des Assurances sociales esou ausgeriicht ginn, datt net nëmmen den Assuré principal pensiounsverséichert ass, mä och säi Conjoint automatesch matverséichert si muss, wann hien net schafft, esou wéi dat och bei de Krankekeesen de Fall ass.

D'Madame Rapportrice huet jo hei iwwert de Splitting vun de Rente geschwat. Fir mech ass dat keng Léisung, well et riskéiert

zwee Sozialfäll ze schafen. Ech ka mat esou enger Léisung net d'accord sinn.

Fir mech ass déi eenzeg richtig Léisung, fir ze verhënneren, datt am Fall vun enger Scheedung vu Rentner keen zu Schued kënnt, hinnen allen zwee zumindest d'office d'Mindestrent zouzegestoen. Mënschen, déi hiert Liewe laang hir Tache erfëllt hunn, mussen eis dat jo awer wäert sinn. Fir also zousätzlech Sozialfäll an Zukunft ze verhënneren, mussen d'Pensiounsrechter d'office op déi zwee Liewenspartner iwwert de Wee vun enger eenzeger gemeinsamer Cotisatioun iwwerdroe ginn. Och muss onbedéngt d'Situatioun vun der Hausfra respektiv dem Hausmann revaloriséiert ginn.

Här President, et ass och verschiddentlech hei ugeklongen, datt méi misst an d'Jugend investéiert ginn, sief dat iwwert de Wee vun der Education, awer och iwwert den Dialog mat hinnen am Kader vun engem effektive Matsproocherecht. Dat kann een nëmmen ënnerstëtzen, mä et dierf awer net esou sinn, datt een dann am gläichem Otemzuch seet, et wier genuch an den Drëtten Alter investéiert ginn, well den Drëtten Alter stellt ëmmerhin ëm déi 30% vun eiser Bevölkerung duer an dat mat steigender Tendenz, an hien huet gradesou spezifesch Bedierfnisser wéi déi Jugendlech.

Den Drëtten Alter ass besonnesch am Beräich vum Bénévolat eng wichtig Valeur an eise sportlechen a kulturelle Veräiner a misst an deem Kontext och nach weider gefördert ginn. An och ass den intellektuellen an de fachlechen Know-how vum Drëtten Alter eng wichtig Ressource fir eis Gesellschaft an als Apport a ville Beräicher ze gesinn. Duerfir schéngt et mer wichtig den Drëtten Alter ze fördern an am Kader vun enger Rentekummer an eist institutionellt a politescht Liewen anzubannen.

Gradesou wéi och déi Jonk, déi een iwwert de Wee vun enger Institutionaliséierung vun hirem Matsproocherecht méi intensiv kéint an eist politescht Liewen abannen, dat och am Beräich vun der Education, wou d'Instruction civique onbedéngt während där ganzer Schoulzäit e Kapitel vun hirer Ausbildung bleiwe misst.

Här President, well ech net allze vill Riedezäit hu wëll ech iwwer eng Dépense schwätzen, déi mer am Budget awer scho sät längerem um Mo läit, an dat ass zwar déi aus der Sektoun 007 vum Budget. Dat ass elo keen Artikel, fir dem James Bond en neien Auto ze kafen, mä dat ass deen Artikel, deen d'Gehälter vun de reliéise Communautéite festleet.

Souwuel dem James Bond säin Auto wéi och d'Finanzéierung vun de reliéise Communautéiten hu menger Usiicht no näischt an engem Statsbudget verluer. Wéi

Dir jo och vläicht nach an Erënnerung hutt, Här President, hat ech den 13. am Karschnatz eng Interpellatioun zum Thema Finanzéierung vun de reliéise Communautéiten ugefro, aus där awer eng Question avec débat vun der Regierung gebastelt ginn ass.

»» **M. Charles Goerens** (DP).- ...am Wantermount, ne?

»» **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Mir sinn elo am Chrëschtmount.

(Hilarité)

De Wantermount ass de Januar, Här Goerens.

(Interruption)

Jo, d'Lëtzebuergesch ass eben eng gelunge Sprooch. Wann ech elo richteg Lëtzebuergesch géif mat lech schwätzen, da géift Der vläicht guer näischt verstoen.

»» **M. Henri Grethen** (DP).- Da géift Dir Jéinesch schwätzen.

»» **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Jéinesch, jo. Dat huet meng Mamm ëmmer mat mir geschwat, wann ech näischt verstoe sollt.

»» **Une voix**.- Dat ass hir gelongen.

(Hilarité)

»» **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Jo, merci.Mä, Här President, déi Froen...

»» **M. le Président**.- Här Jaerling, loosst lech net oflenken, well Är Zäit ass...

»» **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Déi Froen, déi bei der Question avec débat kee gestallt hat, déi si jo awer bekanntlech verluer gaangen, dofir wëll ech nach eng Kéier hei erënneren ëm wat et gaange wier, wa meng Interpellatioun guttgeheescht gi wier.

Et geet am Fong ëm d'Virdeeler respektiv d'Nodeeler vun der Relatioun tëschent Kierch a Stat an der Finanzéierung vun de reliéise Communautéiten. Ursprünglech war jo nëmmen eng reliéise Communautéit vum Stat ënnerstëtzt an unerkannt ginn, an och hir Kultdeeg sinn zu gesetzleche Feierdeeg erkläert ginn.

Et hunn opgrond vun der Diversitéit vun eiser Gesellschaft dann awer och nach aner reliéise Communautéite sech zu Wuert gemellt fir déiselwecht Rechter ze kréien, esou datt d'Fro sech gestallt huet, ob een deenen och soll déiselwecht Rechter ginn, oder d'Relioun zur Privatsaach erklären, mat där de Stat näischt däerf ze dinn hunn, an da kengem méi eppes ze ginn.

De 6. am Broochmount 1988 ass Kloerheet geschafe ginn, an do ass hei an der Chamber eng Motioun gestëmmt ginn. Eng Motioun, déi ouni Géigestëmm ugeholl gouf an déi d'Regierung - deemools CSV-LSAP - opgefuerdert huet, alle reliéise Communautéiten, déi bestëmmte Bedéngungen erfëlle missten, iwwer eng Konventioun hire Pateren, oder wéi se och soss ëmmer heeschen, d'Gehälter ze bezuelen.

2004 am Mee sinn do ënnert der CSV-DP-Regierung dann zwou där Konventiounen zur Diskussioun gestallt ginn. Bei där enger huet d'LSAP sech enthalten, bei där anerer huet se dergéint gestëmmt. Déi aner Oppositounsparteien hu géint déi zwou Motiounen gestëmmt.

Dëst Joer ass dann och nach public gemaach ginn, datt d'CSV-LSAP-Regierung eng Konventioun mat enger weiderer reliéiser Communautéit wëllt agoen, esou datt een elo net méi weess, wou ee mat deene Parteien drun ass, déi an hire Grondsätz d'Trennung vu Kierch a Stat stoen hunn.

Wëlle se dat nun elo, oder wëlle se et net? Zumindest schéngt et, wéi wann am Joer 2008 keng Konventioun mat enger zousätzlecher reliéiser Communautéit géif ofgeschloss ginn, well am Budget déi finanziell Mëttelen dofir net virgesi sinn.

Eng seriö Diskussioun, eng déif gräifend Diskussioun iwwert d'Trennung vu Kierch a Stat kéint awer endlech Kloerheet doriwwer verschafen, wat déi eenzel Parteien dann elo wëllen a wéi wäit datt se gewëllt sinn ze goen. Et schéngt awer esou, wéi wann déi Diskussioun géif absichtlech verhënnert ginn. Wat een och verstoe kann, well all déi, déi mat der CSV an d'Regierungsbett wëllen, net emol am Schlof iwwer eng Trennung vu Kierch a Stat dierfen dreemen.

(Interruption)

Jo. Dir schwätzt zwar heiansdo gutt.

(Hilarité)

Här President, wann een iwwer Trennung vu Kierch a Stat schwätzt an dat a senge Grondsätz stoen huet, da muss een dat dann awer och mat alle Konsequenzen duerchdenken. An da geet et net nëmmen dorëm, fir d'Gehälter vun de Kultproffen ze

suppriméieren, mä da geet et och dorëm, datt och keng Relioun eppes an de Schoule verluer huet.

An da geet et och ëm d'Fro, wann d'Trennung vu Kierch a Stat da vollzunn ass, ob de Stat nach d'Recht huet, reliéis Kultdeeg als national Feierdeeg ze deklaréieren. Well jo eis Regierung an och aner Parteien hei am Land permanent beméit sinn, fir eis Betriber kompetitiv ze halen, dierfe se jo och dann deemno keng reliéis Kultdeeg als Feierdeeg erklären, déi eis Wirtschaft jo awer Milliounen kaschten.

An eis Wirtschaft, déi ass jo net reliéis; déi eenzeg Kultdeeg, déi eis Wirtschaft am Fong huet, dat sinn d'Clôturë vun de Boursen. Wann also all déi, déi fir d'Trennung vu Kierch a Stat sinn, an dat si jo véier Parteien heibannen, wierklech hire Grondsaz wëllen duerchsetzen, misste se och hire Memberen erklären, datt dann och déi reliéis Feierdeeg missten ofgeschaaft ginn. Ob dann d'Begeeschterung bei hirer Basis och nach esou grouss fir d'Trennung vu Kierch a Stat wäert sinn, dat ass dann awer ze bezweifelen.

Op jidde Fall wier d'Trennung vu Kierch a Stat fir eis Wirtschaft, virun där jo heibannen eng grouss Zuel an d'Knéie ginn, e gudde Moyen fir d'Kompetitivitéit ze stäerken. Dësen Aspekt vun der Diskussioun ëm Trennung vu Kierch a Stat ass nach ni esou richteg ugeschwat ginn. D'Diskussiounen dréine sech ëmmer nëmmen ëm d'Gehälter vun de Kultproffen an d'Käschte vun hiren Infrastrukturen.

Ech hoffen, Här President, datt mer awer nach eemol hei eng déif gräifend Diskussioun kréien, an där och de wirtschaftleche Käschtepunkt vun der staatlecher Relatioun mat der Kierch considéiert gëtt. Vlächcht fannen ech jo och fir Chrëschttag eng Interpellatioun ënner mengem Beemchen.

Här President, ech wëll nach kuerz och e bëssen d'Taxen uschwätzen. D'Taxen, déi elo am Fong opgrond vun der Regierungsphilosophie op de Käschtendeckungsprinzip zousteieren, wat d'Gemengen dozou féiert, d'Taxen ze erhéijen an de Leit ëmmer méi an de Portemonnaie ze gräifen, wat besonnesch bei deene Leit, déi schonn net vill hunn, ganz grouss Problemer ka schafen.

Engersäits gëtt vu verschiddene Gemengen de Käschtendeckungsprinzip dann och kloer duerchgezunn, mä op där anerer Säit gi se dann awer hin a se entbanne sech vu substanzielle Recetten, andeems se de Gewerbesteiertaux senken. Dat ass eppes, wat ech net verstinn, dass eng Gemeng engersäits sech substanziell Recettë selwer ewechhëlt an dann op där anerer Säit awer d'Gemengentaxen erhéicht, fir dann déi Suen de Bierger aus der Täsch ze huelen.

Ech kennen nëmmen zwee Beispiller, dat sinn d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch, mä datt ass awer eng Politik,...

(Interruption)

...déi einfach...

Och nach derbäi sinn déi Gréng am Schäfferot, dat hat ech bal ganz vergiess, mä ech wëll awer domat kloer soen, e Schäfferot an och eng Regierung hunn eng kollektiv Responsabilitéit. Et ass keen eleng Schold. Schold si se ëmmer allen zwee.

Dann hu mer och nach d'Autossteieren, déi jo réckwierkend drastesch erhéicht ginn. Op d'Fro hin, an den Här Transportminister war jo awer bereet, iwwert de Radio sech vun de Leit Froe stellen ze loossen an deem Zesummenhang, an op d'Fro hi vun engem Bierger un den Här Transportminister, wou dann déi Sue géifen higoen, ass keng kloer Äntwert komm.

Kloer ass op jidde Fall emol fir d'alleréisch, dass déi Sue fir d'éischt an de Statssäkel ginn, fir deen ze sanéieren. Ob se dann effektiv spéider do investéiert ginn, wou se missten, nämlech an der Förderung vun Ëmweltschutzmesuren, dat bleift elo nach ofzawaarden an dat muss och bewise ginn.

An et muss een och ganz gutt oppassen, dass dat Ganzt ökologescht Gedeessens net haaptsächlech genotzt gëtt, fir nei Taxen ze erfannen an de Bierger zousätzlech Suen aus den Täschen ze zéien. Well mat Taxe gëtt de Problem net geléist a besonnesch net de Problem bei den Autoen, wou de Problem zu 70% importéiert ass a mir absolut keen Afloss dorop hunn.

Ëmweltschutz Jo, wann d'Suen effektiv doranner och erëm investéiert ginn. Well et duerf jo net sinn, datt mer, wann een deene Gréngen nolauschtert, datt mer dann op eemol müssen de Bensin leasen anstatt den Auto, oder den Auto musse verkafen, fir kënnen tanken ze goen.

(Hilarité et interruption)

An de Problem gëtt nawell ëmmer méi grouss, wann d'Ëmwelttaxen zweckentfremt ginn.

Dann nach eng konkret Fro: D'Autossteuer ass jo erhéicht ginn. Leit, déi awer schonn en ökologeschen Effort gemaach hunn, sollen dat jo rembourséiert kréien, dat heescht, deen, deen no den alen Tariffer taxéiert ginn ass, awer no den neien Tariffer misst manner bezuelen, misst jo da forcément rembourséiert ginn, esou wéi et an d'Gesetz stoe kënn.

Duerfir meng konkret Fro un den Här Minister: Wéini soll dat geschéien, well d'Leit waarden elo schonn op hir Suen?

Ech soen lech Merci.

»» **M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. Nächste Riedner ass den honorebelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

»» **M. Lucien Thiel** (CSV).- Här President, Kolleginnen a Kolleegen - hei kann ee bal soen: Gudde Moien -, dëser Deeg sot e gudde Kolleeg, ee vun deene puer, déi heibanne sinn: „Du wäers dach net erëm iwwert d'Banke beim Budget schwätzen.“

(Interruption)

Jo.

Ech muss hie leider enttäuschen, well ech schwätzen nawell erëm eng Kéier iwwert d'Banken oder, besser gesot, iwwer eise Finanzsektor, well deen huet sech entretemps esou diversifiéiert, datt d'Banken nach just zwee Drëttel dovun ausmaachen.

Am Kontext vum Budget net iwwert de Finanzsektor ze schwätzen, dat wier ongeféier esou, wéi wann ee mat engem iwwert deem seng Famill, säin Haus, säin Auto, säin Hond géif poteren, ouni seng Aarbecht ze ernimmen, ouni déi hie sech esou munches vun deem net kënn leeschten.

Beim Statsbudget, iwwert dee mer dës Deeg jo diskutéieren hei, ass et genee d'selwecht. Ouni eis Finanzplaz géifen dem Finanzminister direkt an ouni d'Ëmgeréits 30% an der Keess feelen. Ouni déi 2,7 Milliarden Euro, déi d'Banken an d'Salarié vum Finanzsektor dat lescht Joer un eise Fisc iwwerweisen hunn, wier, reng theoretesch natierlech, de Sozial- a Gesondheetsminister zum Beispill ganz, a seng Kollegin vun der Famill hallef eidel ausgaangen. A si zwee géréiere jo grad deen déckste Batz vum Budget. Also mengen ech, wier et schonn net vu Muttwëll, wann ee sech am Kader vun de Budgetsdebatten e puer Minutten mat eise Finanzsektor a senger Roll fir eise Stat auserneesetze géif.

Här President, déi sëllege Suen, déi mer iwwer eis Finanzplaz erakréien, doen natierlech gutt. Och wann de Finanzsektor nëmmen e gudden Zéngtel vun eiser Beschäftegung hei am Land ausmécht, ass dat, wat hien direkt an indirekt vu Geld ënnert d'Leit an och an d'Statskeess bréngt, op kee Fall ze veruechten. Ouni déi Milliarde géife mer eis wuel kaum am Spëtzeploton vun de rächsten Natiounen vun der Welt halen, a mer kënnten eis viles vun deem net leeschten, wat fir eis zwar selbstverständlech, fir d'Leit am Ausland awer den absolute Luxus ass.

Wien heiansdo de Fouss iwwert d'Grenz setzt, dee weess, datt mer dobausse bewonnert an och emol beneit gi wéinst eise Wuelstand a wéinst deem héije sozialen Niveau, op dee mer eis mat der Zäit eropgeschafft hunn, an dat dank eise ekonomesche Succès. Mä dat ass d'Schoklassäit vun eiser Medail.

Déi aner Säit gesäit e bëssen anescht aus, och wa mer eis dat net ëmmer agestoen. De Revers heescht Ofhängegkeet, Ofhängegkeet vun engem eenzelne Wirtschaftsberäich, deem mer iwwert d'Moossen ausgliwwert sinn an op dee mer souzesoe keen Afloss hunn.

An dann ass déi Ofhängegkeet och nach gläich duebel: Engersäits ass et déi generell Ofhängegkeet vun eise Land vun deem enge Sektor an anerersäits den Ëmstand, datt mer de Konjunkturschwankunge vun deem weltwäit vernetzten, haut seet een éischter globaliséierte Finanzsektor total ausgliwwert sinn. Béid Ofhängegkeete si wuel de Präis, dee mer fir de Wuelstand bezuele müssen, dee mer zu engem gudden Deel eiser Finanzplaz verdanken.

Mä datt muss nach laang net heeschen, datt mer eis an eist, bis elo allerdéngs éischter komfortabelt Schicksal ergi missten. Och wa mer net esou ouni Weideres aus där Ofhängegkeet erauskommen, gëtt et dach Mëttel a Weeër, fir se e bëssen an d'Gitt ze kréien a se e Stéck ze kieren.

Fänke mer bei eise quasi Monolithismus, also där eesäiteger Ausrichtung vun eiser Wirtschaft un. Domat misste mer jo eigentlech gutt eens ginn, well, wann ee weess, wat et heescht, sech bal ganz eleng op een an deeselwechte Sektor ze stäipen, da si mir et - d'Lëtzeburger.

Honnert Joer laang hu mer eleng op eng Ekonomiesbranche gebaut a sinn domat gutt gefuer. Eise Minett an de Stol, dee mer doraus geschmolz hunn, huet eis räch gemaach an huet eise Politiker et erlaabt, de Wuelstand an d'sozial Ofsécherung e Stéck méi héich wéi soss anzwousch eropzeschrauwen.

Dee Monolithismus huet also kee gestéiert. Am Contraire. A wéi en hätt wierklech geféierlech kënnen gi fir Land a Leit, huet ausser deen direkt Beträffenen am Minett kaum een et am Rescht vum Land gespuert. Mat der Strukturkris, déi déi europäesch Stolindustrie Enn de 70er, Ufank den 80er Joren uerg gebeidelt huet, ass weder eis Economie nach eist Land d'Baach erofgaangen.

Firwat? Mä well an der Tëschenzäit mat de Banken eng nei Wirtschaftsaktivitéit bei eis entstane war, déi amstand war, d'Relève vum Stol ze huelen an hien als Fëllement vun eise héije Liewensstandard ze ersetzen. Mer waren also mat engem bloen A dovukomm.

Mä dat wëllt nach laang net heeschen, datt dat ëmmer esou misst goen. Nach esou eng Kris wéi déi vum Ufank der 80er Jore kéint eis dës Kéier d'Genéck brechen, well fir de Moment gesäit et net dono aus, wéi wa mer e valabelen Ersatz parat hätte fir de Fall, datt eppes schifgeet mat eiser Finanzplaz. Schonn eleng duerfir musse mer kucken, wéiwäit mer eis aus der Ofhängegkeet vun eiser monolithescher Wirtschaftsstruktur erausschaffe kënnen, a wéi eng Akzenter dofir am Statshaushalt gesat musse ginn.

Här President, d'Zauberformel heescht natierlech Diversifikatioun. Awer wéi eng Diversifikatioun? Soll se dora bestoen, datt mer versichen, d'Rad vun der Zäit zrëckzedréien an erëm méi Gewicht op déi industriell Aktivitéite leeën - bei eise Léin a bei eisen Ëmweltuspréich?

Oder sollte mer eis net verstärkt no Aktivitéiten an neie Beräicher ëmkucken, déi eis wuel eng gewëssen Ëmstellung ofverlaangen, déi awer dofir ganz aner Zukunftsperspektive bidden. Et gëtt behaupt, eis Mutatioun zu enger Déngschtleeschungsgesellschaft hätt als Konsequenz, datt intellektuell manner begaapte Matmënschen net méi matkéimen an datt mer domadder an eiser Gesellschaft - wéi et haut esou schéin heescht - eng Sozialfraktur riskéieren. Duerfir misste mer eis Wirtschaft esou opstellen, datt si Beschäftegung fir jiddferee géif bidden.

Dat ass bestëmmt net falsch. Mä dat heescht awer och net onbedéngt e Retour en arrière. Och déi nei Aktivitéiten, sief et den Internet-Commerce oder alles, wat mat der Logistik ze dinn huet, bidden eng breet Beschäftegungspalett vun där einfachster Manipulatioun bis zur héich sophistiquéierter Handhabung, also Beschäftegung fir jiddfereen.

Ofgesinn dovunner wier et wuel net glécklech, wann ee sech op déi traditionell Berufsausbildung versteiwe géif, amplaz d'Formation op déi nei Beruifer auszeriichten. Mer sinn eise Kanner et schëlleg, datt mer si op Beruifer virbereeden, déi och muer an iwwermuer hire Mann an hir Fra erniere kënnen.

Et ass schonn esou munches a puncto Diversifikatioun bei eis probéiert ginn, wat dann emol méi an och emol manner ugeschloen huet. Am Moment schéngt mer eis virun allem op den elektronischen Handel anzeschéissen, och wann eis do ëmmer erëm Knëppele vun eise léiwen Europapartner an d'Spechele gedikt ginn.

Deen anere Créneau, an dee mer eis Diversifikatiounshoffnungen setzen, ass d'Logistik, déi hirersäits allerdéngs erëm eppes mat Verkéier ze dinn huet, an duerfir ganz séier mat där grénger Nohaltegkeet ze kollidéiere riskéiert.

Béid Orientéierung sinn net ze verwerfen. Well trotz hire méiglechen, haut seet ee

Kollateralschied, passe si dach grad gutt an de Lëtzebuerger Kontext an hunn duerfir bei eis vläicht besser Chancë sech opzedi wéi anzwousch anescht. Ob si awer eleng duerginn, fir eis am Eeschtfall iwwer Waasser ze halen, steet op engem anere Blat.

Duerfir musse mer weider no neien Nische sichen, déi iwwregens net ëmmer esou ganz nei si mussen. Am Contraire, am beschten, et kuckt ee sech fir d'éischt an deene Beräicher ëm, an deenen ee schonn e bëssen doheem ass. Do bidde sech munchmol Erweiterungs- an Ausbau-méiglechkeeten, bei deenen eisen Know-how, dee mer eis mat der Zäit ugëeegent hunn, duerchaus vu Virdeel si kann.

Eent steet allerdéngs fest: Bei eisen Uspréch, déi mer hautdësdays un d'Akommessen an un d'Liewensqualitéit stellen, ass de Choix u méiglechen neien Aktivitéiten net iwwerméisseg grouss.

An da kënnt och nach dobäi, datt mer e ganz seriöse Problem hunn, wa mer eis Économie méi breet maache wëllen, an dat ass trotz eisen 10.000 Demandeurs d'emploi de Manko un Aarbechtskräften.

Firwat bräichte mer soss all Dag 138.000 Grenzgänger, déi bei eis schaffe kommen, wa mer genuch Hänn a Käpp am Land selwer hätten, fir déi Aarbecht ze maachen, déi ufält?

Iwwer all deenen Diversifikatiounsefforten däerfe mer awer och d'Lokomotiv selwer net vergessen, déi eis Économie bis op Weideres um Rullen hält, nämlech eis Banken. Och eise Finanzsecteur huet sech diversifiéiere missen, fir den internationalen Uschloss net ze verpassen. En Usaz dozou ass him och plus ou moins gelungen. Mä et bleift nach e bëssen Aarbecht, fir eenzelner vun deenen neie Créneae voll un d'Dréinen ze kréien.

Eng wesentlech Roll spillt dobäi - net nëmme fir de Finanzsecteur - eis Uni, déi direkt duebel gefuerdert ass. Engersäits soll si Topspezialisten ausbilden an op där anerer Säit soll si dofir suergen, datt iwwer hir Recherche d'Innovatioun zum Zoch kënnt. Well nëmme mat neie Produkter a mat neien Déngschtleeschtinge kënne mer et fäerdeg bréngen, och an Zukunft d'Nues an der internationaler Kompetitioun vir ze behalen.

Duerfir ass et esou wichteg, datt mer an eiser Uni net e Prestige- oder e Luxusobjet gesinn, mä eng absolut Noutwendegkeet fir d'Ofséchierung vun eiser Zukunft. De Fait, datt d'Kreditter souwuel fir d'Uni selwer wéi och déi fir d'Recherche vun engem Joer op dat anert massiv am Budget an d'Luucht ginn, ass de beschte Bewäis, datt och d'Regierung sech dësen Enjeus voll a ganz bewusst ass.

Här President, elo nach e Wuert zu där anerer Ofhängegkeet, där, déi eis Finanzplaz an domat d'Häerzstéck vun eiser Économie esou ufälleg mécht fir d'Konjunkturachterbahn vun den internationale Finanzmäert.

Wat déi Ofhängegkeet fir Konsequenzen um budgetäre Plang kann hunn, hu mer jo virun net allze laanger Zäit erlieft. Dee gehäerzte Spuerprogramm, deen an der Tripartite huet misse gestréckt ginn, an all déi budgetär Moossnamen, déi an deene leschte Joren hu missen ergraff ginn, fir d'öffentlech Finanzen erëm an d'Gläichgewicht ze bréngen, si schliesselech duerch d'Aknécke vun de Finanzmäert ufanks dëses Jorhonnerts oder dëses Jorzéngts provoziert ginn.

D'Baisse vun de Boursen huet deemools voll op eis Banken duerchgeschloen, déi vun engem Joer op dat anert een Drëttel manner Steiere bezuelt hunn, wat natierlech de Statsbudget aus dem Gläichgewicht bruecht huet. Eréischt säit op där enger Säit d'Spuermesuren ugefaangen hunn ze gräifen an d'Dépensë manner séier wéi d'Recettë gewuess sinn, a wéi op där anerer Säit en neie Boom op den internationale Finanzmäert Bénéfisser an domadder och d'Steiere vun de Banken erëm opgeblosen huet, ass de Budgetsminister aus dem Schneider; an dat souguer e Joer méi fréi wéi geplangt.

Wat kann een elo maachen, fir ze évitéieren, datt eis en ähnleche Malheur an Zukunft net méi passéiert? Näischt, ass ee versicht ze äntwerten. Wat kënne mir scho maache wann d'Weltmäert, aus wéi engem Grond och ëmmer, an d'Gätte ginn? Grad am Moment erliewe mir jo wéi kleng déi globaliséiert Welt ginn ass, an där et duergeet, datt de Wunnengsmarché an Amerika an d'Labrante geréit, fir datt d'Finanzwelt global de Schnapp kritt; a mir natierlech mat.

Et schéngt mer evident, datt mir zimlech machtlos géint esou Konjunkturabréch sinn, an datt mir se esou huele musse wéi se kommen. Mä wa mir déi Konjunkturtéitschen och net verhënnere kënnen, ass et dach awer duerchaus méiglech, datt mir op d'mannst bei hiren Auswierkunge géigesteiere kënnen. D'Lach kréie mer ees wéi ees an de Kapp, awer wa mir eis richtig uleeën, kréie mer nawell net gläich den Tommel. A richtig leeë mir eis wuel dann un, wa mir eng antizyklusch Politik maachen. Wat op Lëtzebuergesch net méi an net manner heescht, wéi datt mir eis de spréchiertlechen Apel fir den Duuscht op d'Säit leeën.

Virun enger 20 Joer hat emol de Weltwährungsfong eis oder eiser Regierung geroden, et dach de Kuwaitien nozemaachen an e Fong unzeleeën, dee mir notamment a gudden Zäite mat Iwwerschëss gefiddert hätten, fir ënner anerem eise Passif social - dat heescht, eis Pensiounsengagementer - ofzedecken, a fir datt mir eis, allgemeng gesinn, un eppes ergräife kënne wann et eng kéier méi spatzt sollt ginn.

Mir hunn deemools dem FMI net gefollegt, well mir eigentlech schonn eppes Ähnlech haten. Allerdéngs an e bëssen enger anerer Form. Dat waren an dat sinn eis Spezialfongen, déi mir regelméisseg fidderen, an aus deene mir eis grouss Infrastrukturprojeten - Autobunnen, Eisebunn, Schoulen, Kläranlagen an esou weider - finanzéieren. Vlächcht well mir déi Spezialfongen deemools schonn haten, hu mir kee „Luxembourg Investment Fund“ op d'Bee gesat. Soss hätte mir haut scho laang dat Instrument, dat sech neierdéngs all déi neiräich Länner uechtert d'Welt zouleeën, fir hir Iwwerschëss dran ze tässelen.

Haut sinn dës sougenannt souverän oder Statsfongen in. A si maache Schlagzeilen, net fir d'lescht, well se sech nawell ganz gutt och als politesch Muechtiinstrumenter asetze loosse. Bei Wäitem deen déckste Fong huet am Moment de Golscheichtum Dubai, mat deem mer jo elo en Duebelbesteuerungsofkommes ënnerzeechent hunn. Mä ganz grouss am Komme sinn d'Russen, bei deenen een um Enn nu wierklech net weess, ob si nëmme kommerziell oder nach aner Ziler am Schna hunn, wa si elo hir Pétrols- a Gasmilliarden uechtert d'Welt investéieren.

D'Iddi vun esou engem Fong geeschart och nach haut an deem engen oder anere Kapp bei eis. Mä ech mengen, fir esou e Fong ass et elo ze spéit. Well mir jo schonn esou eppes Ähnlech am méi Klengen hunn, nämlech engersäits eis staatlech Investitiounsfonge fir all déi grouss Infrastrukturprojeten, an anerersäits dee kierzlech démarréierte Fong, an deem d'Reserve vun eise Pensiounskeesen zesumme-getässelt goufen, an deen elo e bësse méi professionell a profitabel gëriert gëtt.

Dat Eenzezt, wat mir do nach maache kënnen, fir d'Folge vun de Konjunkturabréch op de Finanzmäert mat hiren iwwerdimensionéierten Auswierkungen op eist Land offiederer ze kënnen, ass datt mir eis zur Budgetregel maachen, datt mir nach e bësse Schmant ofschäffen, fir eng zousätzlech Reserv unzeleeën. Eis Zentralbank proposéiert an deem Zesummenhang e systemateschen a vu vireran ageplangtene Budgetsiwwerschoss an der Héicht vun 1,5% vun eisem Bruttosozialprodukt, mat deem mir dann d'Ufällgkeet an d'Ofhängegkeet vun eiser Économie kënnen offiederer.

Dat heescht awer och op där anerer Säit, net méi an net manner, wéi datt mer e bësse méi wéi elo op der Dépensësäit mussen huwwelen. An dat hiert natierlech kee gär, ugefaange bei eis selwer hei an deem héijen Haus.

Datt deen nächste Knéck op de Finanzmäert kënnt, dat ass no der Erfahrung aus der Vergaangenheet esou sécher wéi den Amen am Gebiet. Vlächcht kënnt deen Abroch souguer méi séier wéi eis dat léif ass. Waarde mir emol d'Ofschlëss vun 2007 bei eise Banken of, fir ze gesinn awéiwäit d'amerikanesch „sub-prime“-Kris eis net awer nach erwëscht; wat dann net ouni gréisser Aus-

wierkunge souwuel op eis Finanzplaz wéi och op eis Statskonte bleiwe géif. Do kënne mir nëmme dat Bescht hoffen. Mä datt och bei eise Budgetsiwwerleeungen de Prinzip Hoffnung eng gewësse Roll spillt, huet gëschter de Michel Wolter eis jo mat senge Rechenexemplen zimlech dättelech hei virun Ae geféiert.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et soll ee gewëss net der Däiwele un d'Mauer molen an d'Gespenst vun engem Wirtschafts-GAU eropbeschwieren, trotzdeem däerf een de Gedanken net ganz ewechdrécken, datt sech widderhuele kéint wat eis ufanks den 80er Jore mat der Stolkris op de Kapp gefall ass. Datt et eemol eng kéier wierklech haart op haart géif goen. Esou haart, datt eis Finanzplaz seriö an d'Wackele geréit, ouni datt mir et bis dohinner fäerdeg bruecht hätten eng zolidd Alternativ opzebauen, ass net vu vireran auszuschléissen. A wat dann? Ech mengen, da bleift eis wuel näischt anescht ers wéi iwwreg wéi ze hoffen, datt eiser Herrgott alt erëm eng kéier sâi Lëtzebuerger Pass aus dem Tirang hält, wéi deemools wéi hien eis Grousspäpp d'Minett entdecke gelooss huet, oder wéi hie gutt 100 Joer duerno eis d'Banken op Lëtzebuerg geschéckt huet.

Ech soen lech Merci.

» Plusieure voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Thiel. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Goerens.

» M. Charles Goerens (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, et wier een affrontéiert, fir d'Ried unzefänke mam Saz: Wie gehabt. All Joer deeselwechten Zeenario. Et hängt och vlächcht domat zesummen, well ech scho relativ laang an deem Haus hei sinn, an all déi Joren, wou ech hei war, war ech Member vun der Finanzkommissioun. Et huet awer och den Advantage, datt ee weess, datt déi, déi rapportéieren iwwert de Budget vum nächste Joer, sech ganz vill Aarbecht maachen, an datt déi Suggestiounen, déi se maachen, meeschtens nëmme en indirekten Effekt hunn, well de Budget a sech selwer gëtt jo net wesentlech geännert. Mä indirekt ass awer en Impakt méiglech op déi Joren duerno.

Ech wollt och am Numm vu menger Fraktioun der Rapportrice vun dësem Joer Merci soe fir deen Asaz, dee se gewisen huet an der Finanzkommissioun. Dat ass vill Aarbecht, an ech menge meng Kolleegen alleguer si mat mir eens, datt dat och déi néideg Unerkennung verdéngt, och vun eiser Säit.

„Wie gehabt“ kënnt een och soen, wann ee schonn eng Rei vun Interventiounen hei matkritt huet. Den Här Wolter huet e Samschdeg am „Lëtzebuerg Wort“ an engem Interview schreiwe gelooss, d'LSAP wier an der Bringschuld. Elo wësse mer jo wéi d'Koalitionsparteien awer forcéiert si mateneen auszekomme. An den Här Fayot huet sech gëschter als gudden Apdikter hei ervirgedoen, andeems datt hien an homeopatheschen Dosen Äntwerte ginn huet...

(Hilarité)

...op dat, wat den Här Wolter hien erausgeuerdert huet. Den Här Wolter huet e bësse gestéppelt, an den Här Fayot ass net drop agaangen.

Ech mengen, aus senger Siicht hat hien och besser; mir wieren natierlech interesséiert gewiescht. Mä ëmmerhin, den Usaz war do, an déi nächste kéier mécht den Här Fayot et besser. Ech soen dat och als Unerkennung vu mengem Kolleeg, dem Fraktiounsresident. Ech kann elo emol endlech op gläicher Augenhöhe mat him schwätzen hei. Duerfir hunn ech mer och dëst Joer erlaabt déi Remarque ze maachen.

„Wie gehabt“ kënnt een och soen, wann een déi eenzel Rapporte gesäit vun de Berufschamberen oder vun deenen aneren Organer, déi de Stat kontrolléieren. Ech wollt just een erausgräifen, ouni awer elo den Androck opkommen ze loosse, déi aner wieren net wichteg. Mä ech wollt dat soen, wat den Yves Mersch, President vun der Zentralbank, virun der Finanzkommissioun gesot huet. Hien huet a senger Analys op d'Volatilitéit vun eenzelne Recetten a Recettëbléck higewisen. Dovunner d'Konklusioun ofgeleet, datt et him net duergeet, datt d'Lëtzebuerg Finanzen am Equilibre sinn, wann de Statshaushalt am Equilibre ass, mä wann hien op alleguer déi Geforen higewisen huet, notamment déi grouss Ofhängegkeet, déi exzessiv Ofhängegkeet vum Finanzsecteur mat méiglechem Aschnëtt an d'Recettë fir déi nächst Joren, da geet hien dovunner aus, datt mer missten 1,5% Excédent ustriewen am Zentralhaushalt.

Ech wollt och emol de Budgetsminister froe wéi hien dat gesäit, ob hien do op enger Wellelängt läit mam Här Mersch. Ech hat am Fong den Här Mersch zitéiert hei, deen an der Finanzkommissioun gesot huet mir sollen à terme 1,5% Excédent ustriewen am Zentralbudget, fir kënnen d'Risiko besser ofzufiedereen an Zukunft. A meng Fro war déi wéi Dir dozou stéingt.

Z'joert huet deeselwechten, de President vun der Zentralbank, gesot mir hätte praktesch als eenzezt Land an der Europäescher Unioun nach net d'Moyenë fir eng Revue semestrielle oder trimestrielle vun der Exécution budgétaire ze maachen. Mir hunn also relativ schappech Instrumenter fir déi ganz Finanzpolitik ze pilotéieren; wollt hien am Fong geholl domat op Lëtzebuergesch soen.

Ech wollt och de Budgetsminister froe wéi hien dat gesäit, ob mer do den Nec plus ultra a sengen Aen hunn oder ob mer eis wierklech sollen déi Moyenë ginn. Ee vun de Grënn firwat mer de Budget méi spéit presentéieren ass jo deen, datt een da méi wäit an dat Joer drop gesäit. Ech wollt froen, ob Der déi Aschätzung deelt an ob een do eppes drun ännere kéint. Dat emol zu den allgemenge Bemerkunge ronderëm de Budget, seng Exekutioun an dat wat mer musse mëttel- a laangfristeg ustriewen, fir gesond Finanzen ze kréien.

An deem Zesummenhang wëll ech och un déi Motioun erënneren, déi mer z'joert hei gestëmmt hunn an engem, géif ech soen, konstruktive Geescht, wou et drëm gaangen ass fir de Conseil national de Développement durable se chargéiere mat enger Etüd iwwert d'Evolution vun den haapt Agrégats financiers à moyen terme.

Déi sinn amgaang, esou wäit ech informéiert sinn, dorunner ze schaffen. A mir erwaarden och, esou wéi den Dispositif vun der Motioun dat virgesinn huet, datt mer nach virum Enn vun 2008 do Resultater kréien. D'Rapportrice huet dat iwwregens och an hirem Budgetsrapport mentionéiert. Ech mengen och, datt ee sech dovunner kënnt relativ vill erwaarden.

Ech mengen déi Reflexioun, déi do gemaach gëtt, wa se esou der Chamber hirem Wonsch entspriedend realiséiert gëtt, gëtt lassgëist um Alldagsgeschäft an ass wierklech en zolitten, couragéierten, kloer Bléck an d'Zukunft. Wann dat de Fall net ass oder net wier, da kënnte mer eis déi Aarbecht do erspueren. Ech perséinlech erwaarde mer jiddefalls vill dovunner. Et ass och eng vun de Konsequenze vun de Pourparleren, déi dem Lëtzebuergesondungsprozess an de Finanzen virausgelaft sinn.

Gëschter ass hei menger Meinung no iertémlecherweis gesot ginn et wier an der Tripartite nëmme drëm gaangen, fir d'Statsfinanzen erëm an den Equilibre ze kréien. Dat ass richtig, mä et ass awer net ganz richtig, well et ass och drëm gaangen, fir d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuergescher Wirtschaft ze verbessern. An an deem Sënn, mengen ech, misste mer eis alleguer iwwerleeë wat mir maachen, fir och deem Zil gerecht ze ginn, och an eisen Aarbechtmethoden, och heibannen.

Net méi spéit wéi gëschter hu mer iwwer e Gesetz an der Ëmweltkommissioun diskutéiert, wou et iwwert den Impakt vun de Grands programmes a Grands projets op d'Ëmwelt geet. Op meng Fro hin, ob mer do eng Fiche technique hätten, wat dat do reng prozedurméisseg géif implizéieren, hunn ech am Fong geäntwert kritt, datt dat nach net bei deem dote Gesetz gemaach ginn ass. Wat däng dann dee beschten Entfesselungsprogramm, wa mer op esou engem wichtege Projet wéi deem doten, wou et vu Prozeduren, déi sech chevauchéieren, nëmme esou wimmelt, dat net maachen. Mir missten eis also do systematesch zum Aktionsprinzip bekenen, datt mer dat bei all Projet, deen een Impakt huet op d'Prozeduren, ergo och op d'Kompetitivitéit esou duerchzéie wéi mer dat bei méi feierlechen Debatten hei am Haus ëmmer erëm ënnersträchen.

Da kommen ech op e wichtege Sujet ze schwätzen, dee menger Meinung no an enger mëttel- a laangfristeger Finanzplanung indispensable ass, ech denken un d'Prospective, déi a wesentleche Beräicher hei am Land nach an de Kannerschong stécht. Si gëtt esou definéiert - ech hunn nach eng kéier d'Definitioun nogekuckt am Larousse -: «Science ayant pour objet l'étude des causes techniques, scientifiques, économiques et sociales qui accélèrent l'évolution du monde moderne et la prévision des situations qui pourraient découler de leurs influences conjuguées.»

Ech weess net, ob mer dat do systematesch an alle Beräicher maachen. Wuel hu mer hei am Land eng ganz Partie Wësse present,

mä fir d'Analyse en profondeur an d'Synthèse ze maache vun deene-selwechten an dorauser Zukunftspolitik ze maachen, do mengen ech feelt awer nach ee Schrëtt.

Ech ginn lech ee Beispill: Elo an dësem Moment, wou mir hei schwätzen, ass den Ëmweltminister zu Bali. Zu Bali gëtt geschwat iwwert d'Period Post-Kyoto. Post-Kyoto, dat geet no 2012 un. Dat Eenzezt wat mer wëssen ass, datt d'Europäesch Unioun ustriift 20% Reduktiounen ze maachen am CO₂-Emissiounsberäich a wann déi aner grouss Acteuren, wéi zum Beispill d'Vereenegt Staten, géife matmaachen, da géifen et 30% ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Dat ass u sech ee luewenswäert Zil. Ech wëll elo net eng ambitiéis Zilsetzung an d'Lächerlecht zéien, mä wann ee sech eng ambitiéis Zilsetzung gëtt, da muss een awer och kënnen den Usaz presentéieren, wéi een déi Zilsetzung do erfëllt. A mir ass et nach schleierhaft, wéi dat do herno ausgesäit. D'Europäesch Unioun gëtt sech en Zil vu minus 20%, duerno kënn et erëm eng Kéier, wie gehabt, e „burden sharing“ tëschent deene 27...

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président. - Ech versiche Rou ze schafen, fir datt de Publikum lech nolauschtere kann, Här Goerens.

» M. Charles Goerens (DP). - Här President, ech hu mech awer net gestéiert gefillt.

» M. le Président. - Ech hat d'Impressioun, Här Goerens.

(Interruption)

» M. Charles Goerens (DP). - Déi Gréng hu sech esou ziviliséiert beholl, datt dat mech net gestéiert huet.

(Hilarité)

» M. le Président. - Dat ass eng Fro vu perséinlecher Appréciatioun.

» M. Ben Fayot (LSAP). - Här Goerens, dat sinn Är Kollege vun der Oppositioun, déi lech stéieren.

(Interruption)

» M. Charles Goerens (DP). - An dat huet méi gestéiert wéi Dir...

(Hilarité)

» M. Ben Fayot (LSAP). - Dat sinn d'Kolleege vun der Lénksoppositioun.

» M. le Président. - Här Goerens, da fuert ongestéiert weider.

» M. Charles Goerens (DP). - Ech wollt lech da spontan de Respekt erneieren, Här President, a mat menger Ried weiderfueren.

(Hilarité)

Ech war amgaang ze schwätzen iwwert dem Här Lux seng Presenz op der Post-Kyoto-Konferenz zu Bali. Ech menge wierklech, datt mer hei awer a puncto Prospective nach munches nozehuelen hunn. Dir kënnt lech erënneren 1997, Kyoto, d'Regierung huet e ganz ambitiéis Zil akzeptéiert, minus 28%, et huet och deemools ee Moment esou ausgesi wéi wann dat kéint duerchgezu ginn. De „burden sharing“ ass net no wëssenschaftlech erfaassenden Daten definéiert ginn, an ech mengen dat misst een awer an dësem Fall maache kënnen.

Mir sinn dat eenzezt Land vu 27, wat eng Bevölkerung huet, déi massiv zouhëlt. Dat ass eng atypesch Situatioun. Ech wëll domat op kee Fall hei gesot hunn, datt mer net déi Efforten, déi hei am Land alleguer mussen a kënne gemaach ginn, datt een déi soll ënnerloossen. Ech wëll heimat just gesot hunn, datt mer awer eng Situatioun hunn, déi anescht ass wéi se wier, wa mer dee Bevölkerungszouwuess net hätten. Ech hunn d'Gefill, datt dat Eenzezt wat iwwert deen doten Dossier nach de Moment gesot gëtt de Bensinstourismus ass, deen en Impakt vun awer mindestens 600 Milliounen Euro netto huet.

An deem Zesummenhang kënn et mer awer befreiend vir, Här President, datt sech wuel agesat gëtt fir d'TVA-Recetten am Kommunikationsberäich bis 2015 ze retten an duerno degressiv op null tendéieren ze loosse - dat, wéi gesot, ass richtig, datt do versicht ginn ass de Schued a Grenzen ze halen -; ech verstinn awer net, datt esou een décke Recettëpostë wéi dee vun der Vente de carburants net méi Opmierksamkeet fënn.

Mir maache grad wéi wa mer hei 1 oder 2% PIB einfach kéinten esou verhökere. Wann dat de Fall ass, da muss ech awer soen, da brauche mer awer net méi laang eis

Gedanken ze maachen iwwer 1,5% Excédent an de Recettë vum uerdentlechen Haushalt am Zentralstat. Wann dat de Fall ass, da verschenke mer praktesch zweemol dem Här Schiltz säi Budget an der Kooperatioun. Wëlle mer dat?

Elo ass et esou, datt dat do e komplexen, komplizéierten Dossier ass, e ganz komplizéierten Dossier, well mir si jo net eleng responsabel fir deen Différentiel, deen eis déi 600 Milliounen Euro do eraspullt. Mä et ka munches sech änneren um europäesche Plang an der Fiskalitéit, an och d'Nopere kéinten eppes ënnerhuelen, fir deen Différentiel do ze reduzéieren.

Ech mengen, et soll ee sech do nom Prinzip behuelen: Dat Beschtt hoffen a sech op dat Schlëmmst gefaasst halen. A sech op dat Schlëmmst gefaasst halen, heescht dann awer progressiv e Reservefong ulyeën, wou een ëmmer méi e groussen Deel vun deene Suen, déi een iwwert déi do Manéier nach erakritt, parke geet, fir datt een och eppes an der Hand huet, wann déi Quell eng Kéier géif zum Deel oder ganz ewechfalen. Dat wär jiddefalls a mengen Aen an deenen nächste Joren, fir net ze soen an deem nächste Jorzéngt e Super-GAU. Also Horizont 2015 misst een awer kucken, wéi een et mat där doter Recette hält, a wat een awer definitiv ka vun Ausgaben dorobber parken.

Ech mengen, dat géif och zu enger Prospective budgétaire a financière vun dësem Land gehéieren - indispensable! Mir kucke vill an de Rétroiseur, mä mir kucken net genuch no vir.

Ech mengen och, datt mer et mat der Verhältnisméissegkeet an eisen Debatten net ze vill genee huelen. Ech hat schonn d'Geleeënheet, fir hei am Haus dorun ze erënneren, datt, wa mer 24 Debatten iwwert d'Juegdgesetz maachen an iwwer aner wichteg Theme keng eenzeg, da stëmmt an der Gewiichtung vun eiser Programmatioun iergendeppes net.

» Une voix. - Très bien.

» M. Charles Goerens (DP). - Ech kann dat nëmme zudéifst bedauern.

Ech sinn net deen Eenzezen, dee sech Gedanken gemaach huet iwwert d'Evolution an der Agrikultur vun de leschte Wochen a Méint. Och op deem Plang misst ee sech awer d'Fro stellen: Wat ass dann d'Haltung vun der Lëtzebuerger Agrikultur à propos vun der zukünfteger Ausriichtung vun der europäescher Agrarpolitik, déi awer an enger pyramidaler Logik eis forcéiert, op der Basis dat ze applizéieren, wat um Sommet décidéiert gëtt, mä dat, wat um Sommet décidéiert gëtt, gëtt och mat eise Accord oder ënner Ëmstänn géint eisen Accord décidéiert?

Ech wëll do ausdrécklech awer den Här Fayot, deen ech am Ufank zimlech graff ugepaakt hat, luewen, datt en an der...

» M. le Président. - Här Fayot, wëllt Der eng Fro stellen?

» M. Ben Fayot (LSAP). - Neen, ech wollt dem Här Goerens soen, ech hunn et awer iwwerlieft.

» M. Charles Goerens (DP). - Wann den Här Fayot sech net blesséiert fillt, dann zéien ech dat zrëck, wat ech elo grad gesot hunn iwwer hien.

Ech wollt just soen, an der Commission des Affaires étrangères gëtt awer en eierlechen Effort gemaach, fir eng Partie Saachen, déi fir d'Zukunft bedeitend sinn, fréi genuch ze apprëndéieren.

An ech géif lech och virschloen, Här President, datt mer hei an alle Kommissiounen, wa wichteg Décisiounen geholl ginn, déi och en Impakt hunn op Lëtzebuerg, datt an alle Kommissiounen virun den europäesche Ministerréit doriwwer geschwat gëtt, fir datt mer fréi genuch kënne versichen, eisen Afloss do geltend ze maachen. Dat gëtt an eenzelne Kommissiounen well gemaach, an aneren nach méi systematesch. Mir mussen eis do Moyerë gi fir dat hinzekréien: systematesch un d'Appréhensioun vun den Zukunftsproblemer erugeen an eis och dann dee wëssenschaftleche Beistand ginn, dee mer brauchen, fir déi Froen do an de Grëff ze kréien.

Ech hat dat do gesot am Zesummenhang och mat der Agrikultur. Ech wollt lech just eng Anekdot aus menger laanger parlamentarescher Experienz hei matdeelen. Wéi 1982 d'Diskussioun ugaangen ass am Europaparlament iwwert d'Quoten, hat ech en Noper an der Agrarkommissioun sëtzen, e Professor vum Centre de recherche agronomique vu Wageningen an Holland, deen en décke Classeur bei sech hat, an deen huet an der Halschent vum Dossier opgeschloen a gesot, dat do ass deen Zeenario, deen à la fin du compte zu Bréissel duerchgesat gëtt.

Déi haten all „case studies“ duerchgerechent, a vu datt jo och déi meescht Leit, déi beim Sicco Mansholt zu Bréissel an der Direction générale agriculture waren, vum Centre de recherche vu Wageningen koumen, war et relativ lichter, fir ze erkennen, wat duerno à la fin du compte zrëckgehele géif a puncto Ausriichtung vun der Kontingentéierung vun der Mëllechproduktioun.

Eis feelt dat do. Mir hunn elo kee Centre de recherche agronomique hei am Land. Mir hunn och net déi Klimafuerschungsinstituter hei am Land, fir elo op en aneren Domän ze kommen, wou mer effektiv missten eng Prospective maachen.

Wa mer déi do Saachen ugin, loosse mer och e Lëtzebuerger Modell definéieren, wou mer kënnen e Maximum vun Zoufäll éliminéieren. Net datt mer duerno do stinn, wéi den Ochs virum berühmte Bierg an da kucke mer an endlosen Diskussiounen, wéi mer dat kënnen duerno ex post offederen, wat mer ex ante net am Stand waren ze prévenéieren.

Ech mengen, do musse mer eis awer massiv änneren an eng aner Posture anhuele wéi déi, déi mer elo hunn. An där Hinsicht ass nach enorm villes ze verbessern.

An ech mengen, mir kënnen och net, an domat wollt ech ophalen, esou maachen, wéi wann dat géif eis Strukturen an eis Décisiounsmechanismen a -musteren hei am Haus onberéiert loosse.

Ech wollt lech doropshi Merci soe fir Är geschätzten Opmierksamkeet, an dat, wat de Claude Meisch an ech nach net konnte soen, dat wäert da mäi Kollege Carlo Wagner méi am Detail à propos vun der Sécurité sociale lech matdeelen. Et wär nach villes ze soen, mä mir hunn eis d'Aarbecht esou opgedeelt.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Goerens. Den nächste Riedner ass den Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

» M. Roger Negri (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt der Rapportrice Lydia Mutsch Merci ze soe fir hire gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport an hir dozou och nach eng Kéier extra ze félicitéieren.

Ech wëll och dem Budgetsminister Luc Frieden dofir Merci soen, fir datt e Wuert gehalen huet mat der Presentatioun vun engem drëtten Dokument zum Budgetgesetz, fir d'Transparenz vun eise Lëtzebuerger Budget mat den europäesche Kritären, de Maastricht-Kritären oder och SEC 95 an Aklang ze bréngen. Domat ass et méiglech, d'Zuele vun eise nationale Budget mat deenen, déi op Bréissel ginn, kohärent mateneen duerstellen, ouni déi eng mat deenen aneren ze vermëschen.

Här President, wa mir eng Politik wëllen, déi d'Cohésion sociale erhält an awer och laangfristeg finanzéierbar ass nom Prinzip vun der Equitéit tëschent de Generatiounen, da musse mer kucken, datt mir prioritär deenen hëllefen, déi et am néidegsten hunn; hunn ech bei mengem Budgetsrapport 2006 gefuerdert.

Ech wëll eiser CSV-LSAP-Regierung dozou speziell félicitéieren, datt se eng Aart Negativsteuer iwwert de Wee vun Kannerbonus aféiert. Domat beweist dës Regierung, datt d'Cohésion sociale hir besonnesch um Häerz läit.

Här President, ech hat a mengem Budgetsrapport virun zwee Joer an och a menger Interventioun am leschte Joer op dëser Tribün iwwer eng nei Budgetsarchitektur geschwat.

Ech hat deemools sënngemeiss gesot, datt e gudde Budget op d'mannst zwee Kritären erfëlle muss:

- 1) E muss formelle Regeln entspriechen, fir dat jiddfereen en och liese kann.
- 2) De Contenu muss stëmmen, dat heescht d'Moyenen, déi an de Budget ageschriwwen ginn, musse mat den Objektiv vum der Politik iwwereneestëmmen an hiren Zweck erfëllen.

Wat den éischte Punkt ugeet, kann ech der Budgetsrapportrice nëmme zoustëmmen, datt d'Regierung an den zoustännege Budgetsminister gutt Aarbecht geleescht hu mat deenen dräi Budgetsdokumente, dorënner wéi scho gesot deen drëtte Volume, an och den aktualiséierte Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm quasi zäitgläich presentéiert hunn.

Mir haten doduerch d'Méiglechkeet, eis Statsfinanze méi global ze analyséieren. Dat heescht awer net, datt a Saache Budgets-tansparenz elo alles am Botter wär.

Fir beim Kannerbonus ze bleiwen: Besonnesch de Modus Operandi, fir dësen aus dem eigentleche Statsbudget erauszehuelen an iwwert de Budget pour ordre lafen ze loosse, dréit net onbedéngt zu méi Transparenz bäi.

De Statsrot huet dat a sengem Avis och ganz daitlech a wéi ech fannen zu Recht dénoncéiert an och d'Budgetsrapportrice huet sech an hirem schrëftleche Rapport mat där doter Fro auserneeegesat.

An et sinn nach eng Rei aner Taxen a Steieren, déi direkt iwwert de Budget pour ordre an d'Spezialfonge vum Stat fléissen, ouni duerch deen eigentleche Budget ze transitéieren.

Mir hunn zwar opgrond vun den Explikatiounen, déi mer vum zoustännege Minister a senge Beamten an der Finanzkommissioun kruten, déi Façon de procéder esou akzeptéiert. Mä ech bleiwen awer perséinlech der Meenung, dass eng Proliféatioun vun esou Buchungspraktiken derzou wäert féieren, dass eise Statsbudget enges Daags kee viabelt Bild vun eise Statsfinanze méi wäert ofginn.

Ech ka verstoen, dass et Argumenter ginn, fir de Kannerbonus net iwwert den ordinäre Budget ofzewéckelen. Wann een eng Steuermoderatioun ofschaaft, an amplatz dovun eng nei Sozialleeschung aféiert, dann huet ee vun engem Joer op dat anert eng zousätzlech Recette an eng zousätzlech Dépense geschaaft, déi virdu keen Impakt op de Budget hat, well et einfach en Déchet fiscal ass. Dat bléist de Budget natierlech méi op wéi dat, wat a Wierklechkeet - dat heescht netto - geschitt ass.

Ech bleiwen trotzdeem der Meenung, dass mer besser gehat hätten de Kannerbonus an den ordinäre Budget anzeschreiwen, an domadder a Kaf ze huelen, dass mir eis Croissance am Budget kënschtlech an d'Luucht gedriwwen an e statistesche Broch provoziert hätten. Dofir bräichte mir dann awer de Kannerbonus och net iwwer Joren a Jorzéngten am Budget pour ordre matzeschleefen. Ech hätt dat méi transparent fonnt.

Dee Modus Operandi ass émsou méi iwwerflësseg, wéi am SEC 95, an domat och am Volumen 3 vun eise Budget, de Kannerbonus natierlech erëm opdaucht, an zwar an den Zuele vun der Sécurité sociale, well d'Caisse nationale des Prestations familiales, déi de Kannerbonus auszebezuelt kritt, do mat agerechent gëtt. Um Niveau vum Solde vun der Administration publique mécht et ënnert dem Stréch also souwiesou keen Ënnerschied, wéi a wou de Kannerbonus am klassesche Statsbudget gebucht gëtt. Ech muss soen, dass um formelle Plang am leschte Joer vill Positives geschitt ass, dass a Saachen Transparenz awer nach Aarbecht ze maache bleift. Här President, esou vill zum Punkt 1, zum formellen Aspekt. Elo zum Punkt 2, bei de Contenu.

Transparent heescht jo, net nëmme novollzéien ze kënne wivill Euroen an enger Budgetszeil ageschriwwen gi sinn, an herno kontrolléieren ze kënnen, ob sech d'Exekutiv dru gehalen huet oder net. Transparenz heescht och, net nëmme lëtzebuergesch mat europäesche Chiffere vergläichen ze kënnen, oder e Gesamtiiwwerbléck iwwert d'Finanzsituatioun vun der Administration publique ze kréien. Transparenz heescht, och ze gesi wat den Objektiv vun enger Politik XY ass a wat d'Exekutiv mat deene Moyenen, déi se zur Verfügung huet, tatsächlech um Terrain erreecht huet.

Ech hunn an der Vergaangenheet hei op dëser Tribün scho méi wéi eng Kéier iwwert déi franséisch Loi organique relative aux lois des finances, kuerz LOLF, geschwat. Ech widderhuele just ganz kuerz wat ech deemools schonn zur „Genèse“ an zu den Ziler vun der LOLF gesot hunn. Et ass eng Method, fir de Statsbudget opzestellen, déi iwwert d'Approche comptable eraus och an haaptsächlech nom Sënn an Zweck vun der Action politique kuckt, déi net nëmme d'Legalitéit oder d'Regularitéit vun enger Dépense kuckt, mä och hir Effikassitéit, déi d'Logique des moyens duerch eng Logique des résultats ersetzt, déi um Niveau vun der Administratioun méi Flexibilitéit mat méi

Responsabilitéit am Ëmgang mat de Steuer-gelder verbënnt, an déi en fin de compte och als Catalyseur fir d'Moderniséierung vum Statsapparat kann ugesi ginn.

Ee vun den zentralen Aspekter vun der LOLF ass d'permanent Evaluatioun vun de Politiken, déi de Stat respektiv den öffentleche Secteur insgesamt ëmsetzen. Ouni eng systematesch - dat heescht eng permanent concomitant - Evaluatioun vun eiser Politik ass et nämlech net méiglech eng Ausso ze maachen iwwert d'Effizienz an d'Effikassitéit vun eisem politeschen a budgetären Handeln.

Or, wann et esou ass, wéi et och an dësem Joer erëm an de Budgetsriede gesot ginn ass - an et ass effektiv esou -, dass de Stat an der Zukunft enorm finanziell Laaschten ze stëmmen huet, da muss eisen alleréischten Objektiv natierlech dee sinn, fir méiglechst effikass mat deene Moyenen ëmzegoen, déi mer zur Verfügung hunn. A fir ze wëssen, ob een effikass schafft, ob ee seng Suen optimal ausgëtt, ob d'Ziler, déi ee sech an der Politik gesat huet, mam minimalen Opwand erreecht ginn, muss ee seng Politik kontinuéierlech a permanent évaluéieren. Dat ass eng Haaptsuerg vun der franséischer LOLF. Stéchwuert „évaluéieren“.

Här President, kommt mir kucken eemol wat a leschter Zäit un Etüden an Evaluatiounen iwwer Lëtzebuerg erauskomm ass. Ech fänken am beschte mat der OCDE un, well mer jo do e gudde Client sinn. Mir hunn am Fréijoer eisen Innovatiounssystem vun der OCDE évaluéiere gelooss. Mir kruten do eng ganz Rei interessant Recommendationen wéi mer eis Fuerschungslandschaft sollen ausrichten, fir méiglechst effikass an dësem Domän ze sinn.

Mir hunn eis bei der OCDE en Audit vun der ADEM gefrot, deen elo komm ass. Elo d'lescht Woch sinn dann d'Resultater vun der neister PISA- a PIRLS-Etüd offiziell erauskomm. Och do maache mir mat. Den Innenminister huet sech vun der OCDE eng Etüd iwwert d'Landesplanung maache gelooss. D'OCDE vergläicht och d'Gesondheetssystemer vun hire Memberlänner. An last but not least gëtt och d'Entwécklungs-politik vum CAD regelméisseg am Kader vu senger „peer review“ ënnert d'Lupp geholl.

Mä selbstverständlech mécht net nëmmen d'OCDE Etüden an Evaluatiounen. Als Memberstat vun der EU ënnerleie mir natierlech och der Iwwerwaachung duerch d'europäesch Kommissioun; och an der Budgetpolitik. Am Kader vun der Union économique et monétaire, also der Aféierung vum Euro, hu mir eis verpflichtet eng Rei Stabilitéits- a Konvergenzkritären anzehalen. Mir maachen do zweemol am Joer - am Abrëll an am Oktober - Rapport un d'Kommissioun, wéi sech eis öffentlech Finanzen entwéckelen. Zousätzlech reecht d'Regierung eemol am Joer - am Hierscht - den aktualiséierten nationale Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm zu Bréissel an. Op deem Niveau besteet also e permanente Monitoring.

Mä mir ginn net nëmme vu baussen évaluéiert. Mir évaluéieren a studéieren och eis selwer. De Stater mécht, och an Zesummenaarbecht mat aneren Organis-men, Etüden an deene verschiddenste Beräicher. Och de Ceps zu Déifferdeng huet méttlerweil eng breetgefächert Palett vu Publikatiounen, aus deene verschid-denste Beräicher vun der Politik, vum Aarbechtsmaart iwwert d'Landesplanung bei d'Soziologie.

Ech stelle fest: Et feelt eis am Prinzip net un Etüden an Evaluatiounen, mä de Problem ass, dass mir hei zu Lëtzebuerg d'Tendenz hunn ëmmer nëmmen dann Etüden an Auditen ze maachen, wann e konkrete Problem opdaucht. Mir hunn - an dat soen ech net eleng - hei zu Lëtzebuerg leider keng Kultur vun der Evaluatioun, wéi se an anere Länner, zum Beispill a Skandinavien, Usus ass.

Wat déi franséisch LOLF an ähnlech Modeller an anere Länner eis léieren, ass, dass mir sollen ufänken eis Politik insgesamt méi systematesch ze hannerfroen, ze iwwerpräiwen, ze évaluéieren also, fir op Dauer eis finanziell Ressourcë besser anzusetzen. Dozou gehéiert natierlech och, dass ee seng politesch Objektiv kloe for-

muléiert, a wa méiglech och quantifizéiert, a sech déi néideg Indicateure gëtt, fir ze iwwerpräiwen, ob déi gesaten Ziler erreecht goufen, a mat wat fir engem Opwand.

Déi Instrumenter muss ee sech natierlech an enger éischter Phas ginn. Dat ass op-wendeg a komplizéiert, mä noutwendeg wann een d'Statsfinanzen och an Zukunft wëllt am Equiliber halen, ouni un d'Leeschungen an un d'Missiounen vum Stat schneiden ze goen. De Budget gëtt also net méi an enger Logik vu Moyenen opgestallt, mä an enger Logik vu Resultater.

Här President, wann ech hei vu LOLF a vun der Moderniséierung vun eiser Budgets-architektur a Budgetsprozedur schwätzen a mer eis domat méi Transparenz, méi Demo-kratie, méi Evaluatioun fir méi Effikassitéit am Statsbudget wëlle ginn, bedeit dat och, datt mir als Volleksvertrieder eis eng aner Manéier ginn, fir eis mam Statsbudget ze beschäftegen. Mir hunn do als Chamber eng Responsabilitéit, déi mer jo och huele wëllen an déi eis d'Regierung och mat deem beschten a schéinste Budget net kann a soll ofhuelen.

Wa mir als Parlament méi eise Rôle als Kontrollinstanz vun der Exekutiv wëlle wouerhuelen, wa mir méi Afloss op de Budget wëlle kréien, da muss mir och d'Moyenë kréie fir de Budget nach méi am Detail ze analyséieren. Wa mir als Chamber net vun eise Méigleckeete Gebrauch maachen, fir d'Regierung ze hannerfroen, da brauche mir eis och net ze bekloen iwwer ze wéineg Afloss.

Duerfir brauche mir aner Moyenen, dat heescht eng Aart LOLF, wéi d'Fransouse se zum Beispill hunn. Dobäi ass et ganz egal, wéi mer se nennen. Et ass kloer, a Frankräich huet déi nei Budgetsarchitektur eng regelrecht budgetär Revolutioun ausgeléist; si ass awer amgaang hire Wee ze maache säit der definitiver Aféierung am Joer 2006 a war och vun enger Partie Jore Virlafzäit ausgaang.

Alles dat gehéiert dozou, dat muss een eng Kéier ufänken an duerno konkret op eis Lëtzebuurger Partikularitéiten upassen. Ech weess, dat geet net vum selwen, awer d'Echoen, déi ech kréien, weisen, datt déi nei Budgetsarchitektur a Frankräich amgaangen ass, hire Wee ze maachen am Sënn vu méi Transparenz an Demokratie.

Ech erënneren dorun, datt d'Budgetsgesetz net nëmmen dat deierst, mä och dat wichtegst Gesetz vum Joer ass. Ouni Budget, wësse mer all, si mer net hand-lungsfäeg an net legitim. Da muss et awer och méiglech sinn, datt d'Chamber deementspriedend schaffe kann. Et geet net duer, datt mer als Chamber Mëtt Oktober gespaant erwaarden, wéi de Budget soll ausgesinn, an en dann analyséieren. Mir loossen eis déi üblech Avisé ginn, debattéieren am Dezember monter doriwwer an da gëtt dat Ganzt in globo gestëmmt, an esou wéi en hei zur Dier erakomm ass, geet en och erëm eraus.

Da soe mer och nach, dass mer gär regelméisseg am Laf vum Joer iwwert de Stand vun den Zuelen informéiert ginn, mä och dat geschitt net an deem Mooss, wéi dat misst sinn.

Här President, loosse mer duerfir just ee Bléck op de Budgetsofschloss 2006 geheien, wou ech jo Budgetsrapporter war, fir ze weisen, dass net alles aus der Loft gegraff ass. Ech ginn elo guer net dorop an, dass mer méi Recetten hu wéi geplangt, méi wéi eng Milliard Euroen, dat ass tiptopp, dat ass wonnerbar, an dass dat zum Deel och méi Dépensë generéiert, ass och kloer beim Budget courant.

Wann ech awer elo de Budget en capital, d'Investissementer kucken, mat deene mer ënner anerem eis Infrastrukture bezuelen, da sinn d'Dépassementer awer schonn net méi esou evident.

Beispill: Mir haten am Budget 2006 en Invest vu 777,1 Milliounen virgesinn, an dann dobäi awer elo 1.100,1 Milliounen ausginn. Dobäi erënnere mer eis jo nach all, wéi mer zesummen d'Schéier zwëschen Dépensen a Recetten net wuesse wollte loossen, an domat zousätzlech Spuerappeller gemaach hunn.

De Kolleeg Michel Wolter war jo do nach méi prezis ginn an huet nach gefuerdert, zousätzlech 150 Milliounen ze spueren - zousätzlech! An elo hu mer der am Invest 323 Milliounen méi ausginn. Bei engem Budget, dee wéi gesot en Iwwerschoss huet vu méi wéi enger Milliard, ass dat do kee Problem, kéint ee soen.

Mä wou ass dat geschwat ginn? Wien huet dat décidéiert, dass mer méi wéi déi an der Chamber gewielten Dépensen ausginn? Si si sécher gutt ubruecht, bestëmmt si verschidde Projekte méi séier virugaange

wéi geduecht. Oder och net. Si kënnen och méi deier gi sinn. Dass dat alles sécher gutt gemengt ass, stellt kee Mënsch a Fro. Mä domat geet et net duer.

Hei ass typesch eng Politik vun de Moyenen applizéiert ginn, no der Devise, mir hunn d'Suen, ok, da maache mer dat, da brauche mer och net vill dorëmmer ze froen. Bei enger Politik vun Objektiv, vu Qualitéitsziler, do muss mer esou Saachen hannerfroen, do muss d'Chamber mat ageschalt ginn a permanent validéieren, a wat fir eng Richtung et geet.

A méi schlechten Zäite kënnen mir eis net dorop verloossen, wat mer iergendwann als Resultat zerwéiert kréien. An dann ass et eben esou. An och wann dat bis elo ëmmer gutt gaangen ass, ass dat keng Garantie fir d'Zukunft. An déi hätte mer als LSAP an Zukunft gär.

Här President, firwat insistéiere mer als LSAP an där Fro, fir eng méi transparent Budgetsarchitektur opzebauen? Elo an Zäite vun héije Plus-valuen, wou mer vill méi erakréie wéi mer estiméieren, de Boni méi grouss ass wéi estiméiert a mer eng Partie vun honnerte Milliounen an d'Fonge kënnen leeën, spillt dës Problematik nach net déi grouss Roll.

Mä wann Zäite komme sollten, wou et enk gëtt, ass eng no Objektiv orientéiert Budgetsarchitektur essenziell fir iwwert d'Ronnen ze kommen an net an d'Scholden-fal ze geroden. De Budgetsminister weess jo och, firwat en eng virsiichteg Budgets-politik proposéiert. Enk Zäite kënnen hautdësdays an eiser globaliséierter Welt - an de Lucien Thiel huet et gesot - méi séier kommen, wéi et eis léif ass. Dat wënsche mer eis net, mä mir ginn awer och net gefrot, ob mer mam Barrelpriis d'accord sinn.

Bei der Paritéit vum Euro zum Dollar, do kann eise Statsminister jo mathëllefe steieren, mä mir wësse jo och, dass d'Europäesch Zentralbank an der Klemm sëtzt. D'Inflatioun wiisst. Normalerweis wären d'Zëse virun e puer Deeg an d'Luucht gaangen. Mä déi gewaltig sougenannte „sub-prime“-Kris um Immobiliëmarché, déi d'Banken an enorm Schwierigkeete bréngt, an net nëmmen an Amerika, huet d'Zësen elo emol stabil gehalen de Moment.

Dës Kris ka wéi e Virus op eisen europäesche Marché iwwersprangen an natierlech op eis Finanzplaz. Da wësse mer jo, wat dat heescht. Et soll emol gesot ginn, dass de Moment keen Enn vun där Kris an Amerika ofzegesinn ass.

Am „Tageblatt“ an am „Lëtzebuurger Wort“ vum leschte Samschdeg, den 8. November stoung, dass an den USA de Moment versicht gëtt, 1,2 Milliounen - 1,2 Milliounen! - Hausbesëtzer virum perséinleche Ruin ze retten, well se hir Präten op d'Haiser net méi kënnen zrëckbezuelen, dat Ganzt duerch Sondermoosname vun der Regierung mat engem Zënsmoratoire. Dobäi trifft et virun allem déi Leit mat engem klengen Akommes. Eleng am drëtte Quartal vun 2007 ass bei 500.000 Hauskeefer d'Zwangsvollstreckung, also d'Faillite vollzu ginn. Weider zwou Milliounen Hauskeefer lafe Gefor, dass hinnen deeselwechte Misär geschitt. An dass dat décke Misär ass, dat kënnen mir eis hei zu Lëtzebuerg jo ganz sécher virstellen, dann ass d'Welt vun engem Dag op deen aneren eng ganz aner - eng ganz ellen!

Déi grasséierend Aarmut och hei zu Lëtzebuerg soll een duerfir vill méi genau am A behalen. Verschidden Institutiounen hunn dat jo an der leschter Zäit och gesot. Ech hat de 27. Oktober zu där permanent wuessender Aarmut hei zu Lëtzebuerg eng Question parlementaire gestallt, bis elo hunn ech awer nach keng Äntwert kritt.

Duerfir wär et och net gutt, wann de Budgetsminister wéi d'lescht Joer déi nei proposéiert Architektur, wéi d'Fransouse se hunn, als Spillerei erëm géif zrëckweisen. Wann an anere Länner an net nëmmen a Frankräich, mä och an Holland, Italien an an de Skandinavische Länner e Budget no Qualitéitsziler d'Regel ass an ëmmer méi gëtt, misst dat och bei eis hei zu Lëtzebuerg méiglech ginn.

Ech verstinn, dass et schwéier ass, do e bësse lasszeloossen an nei Weeër ze goen, mä ech proposéieren, wann Dir erlaabt, dass d'Regierung sech eng nei Budgets-architektur duerch de Kapp goe léisst, fir domat op eng méi modern, méi transparent, méi partizipativ an domat méi demokratesch Manéier mat hiren Deputéierten als Volleksvertrieder ëmze-go.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieus voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Negri. Den nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner.

(Interruption)

Mer respektéieren d'Spill vun Opposition an Majoritéit, déi ofwiesselnd hei uewen d'Wuert kréien, Här Roth.

» M. Carlo Wagner (DP). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, erlaabt mer op dëser Plaz e puer Remar-ken zur Politik vun der CSV-LSAP-Regierung an de Beräicher Santé a Sécurité sociale ze maachen. Zweek Beräicher, an deenen ech als Minister an der viregter Regierung fënnef Joer laang d'Verant-wortung hat. Ech si während deene fënnef Joer op dëser Plaz - awer och op anere Plazen - fir déi Politik kritiséiert ginn, hauptsächlech vun der deemoleger gréisster Oppositionspartei, der LSAP, a besonnesch vun hirem deemolege gesond-heetspoliteschen Spriecher an aktuelle Minister, den Här Di Bartolomeo. Den Här Di Bartolomeo ass effektiv emol net midd ginn, fir mat Kritik ëm sech ze geheien, an dat nodeems seng Partei - d'LSAP - virdrun während 15 Joer d'Verantwortung an der Santé hat; vu '84 bis '99. 15 Joer, während deene sech nëmme wéineg beweegt huet. 15 Joer, an deenen notamtant d'Spidols-infrastrukture sträflech vernoléisseg't goufen.

Här President, dem Här Di Bartolomeo seng Politik kann ee bal net kritiséieren. Seng politesch Aktiounen kënnen bal net kritiséiert ginn, aus der einfacher Ursach, well wéineg politesch Aktioun vum Minister Di Bartolomeo ze erkennen ass, an dat dräi-anenhalleft Joer säit hien am Amt ass. No dräi an deem hallwe Joer si mer nach ëmmer bei den Ukënnegungen. D'Fro ass a mengen Ae berechtigt, wéi alles dat, wat bis elo anonncéiert gouf an deem anner-hallwe Joer, wat eis nach just bleift bis déi nächst Wahlen, kéint realiséiert ginn.

Déi eenzeg reell Neierung, déi een dem Gesondheitsminister selbstverständlech verbuche kann, dat ass dat sougenannt Antitubaksgesetz. E Gesetz, wou d'Horesca him wäert nach haut dankbar sinn. Net vergiessen dāerf ech allerdéngs och, datt den heitege Gesondheitsminister d'Chance hat de Rehacenter vum Kierchbiere anzeweien. Wou dach grad hien een - wann net deen - Haaptgéigner vun deem Projet war.

Et muss ee feststellen, dass vill vu senge Kritiken, déi tëscht '99 an 2004 op eng oft virulent Aart a Weis formuléiert goufen, haut total verpufft sinn. Mir kënnen eis nach u seng - ënner Gänsefüßchen selbstverständ-lech - „heroesch“ Rieden hei op dëser Tribün erënneren, wou hie beispillsweis ge-schwat huet géint den - ech zitéieren - „massive Bettenofbau, dee kee Sënn ergëtt an deen ongerecht ass“.

Ech stelle fest, dass déi sougenannten Ongerechtegkeet, wéi hie se deemools ge-nannt huet, nach ëmmer haut net vum Minister Di Bartolomeo aus der Welt geschafe gouf. Vlāicht well hien erkannt huet, dass déi deemoleg Politik awer net esou falsch war? Viru kuerzem d'ailleurs hunn ech nach an der Press gelies, dass den Här Di Bartolomeo elo souguer erkannt huet, dass mir mat fënnef Better pro 1.000 Awunner hei zu Lëtzebuerg nach eent vun deene Länner sinn a ganz Europa mat där héchster Zuel, an dass déi Zuel ze héich wär. Et ass trotzdeem komesch; déiselwecht Erkenntnis.

Datselwecht gëllt fir d'Synergien am Spidolswiesen. Haut féiert de Minister d'Synergiespolitik, déi vu sengem Virgänger am sougenannte Plan hospitalier initiéiert gouf, an déi hien als Oppositionspolitiker radikal a Fro gestallt huet, selbstverständ-lech fort. Vlāicht well hien an Zwëschenzäit erkannt huet, dass déi Politik vun deemools awer net esou falsch war. Mä, wéi seet den Här Di Bartolomeo ëmmer esou schéi wann een hie mat sengen Aussoe vu fréier kon-frontéiert: Loosse mer no vir kucken.

(Hilarité)

Abee jo, Här Di Bartolomeo, loosse mer no vir kucken, mä genau op dat annerhalleft Joer, wat nach just bleift bis déi nächst Chamberwahlen.

Ech froe mech beispillsweis, wéi hien elo déi vu sengem Virgänger initiéiert Projekte sollt an där kuerzer Zäit realiséiere respektiv wéi hien déi vill Ukënnegunge sengersäits kéint konkretiséieren. Ech denken do zum Beispill un d'Médecine complémentaire, déi jo schonn ënnert der viregter Legislatur-period Objet vun engem ganz interessanten Débat war, a wou e ganz ausféierleche Bericht deemools vun honorabelen Här Niki Bettendorf presentéiert gouf. Dat war ganz genau den 29. Januar 2004; deemno viru bal véier Joer.

D'Regierung krut deemools per Motioun e kloert Mandat vun der Chamber, fir hei eng Réglementatioun auszeschaffen. Bis haut ass awer, ausser onendlechen Diskussiounen iwwert d'Ostéopathie an der Kommissioun, nach näischt Konkretes um Dësch. Wat d'Homeopathie, d'Chiropraktik an d'Akupunktur ubelaangt, net ze schwätzen. Déi Sujeten, déi och an der Motioun enthalen sinn, si bis haut nach net abordéiert ginn. Et kéint een och datselwecht iwwregens soen, wat d'Pallitiv-medezin ubelaangt.

An deene rezenten Diskussiounen ëm d'Euthanasie an d'Palliativmedezin ass ëmmer erëm - an dat vun alle Säiten - op d'Urgence vun deem Gesetz iwwert d'Palliativmedezin insistéiert ginn. Däerf ech lech drun erënneren, dass ech als Gesondheitsminister schonn am Februar 2004, deemno och scho viru bal véier Joer, en deementspriedhende Gesetzesprojet déposéiert hat.

Dee Projet de loi war vläicht net perfekt, ech wëll net esou prétentieux sinn, mä näischt hätt dës Chamber dru gehënnert, fir direkt am Ufank vun dëser Legislaturperiod dësen dach esou wichtege Text ënnert d'Lupp ze huelen. Mä neen, déi nei Regierung wollt per force en neie Gesetzestext ausschaffen, woubäi dat Wuert „nei“ ze relativéieren ass. Effectivement ass de Gros vum Text vun deemools bäibehale ginn, jo souguer den Exposé des motifs ass total identesch. Bref, ech sinn iwwerzeegt, mat e bësse méi politeschem Wëllen hätt dat Gesetz scho laang kënne gestëmmt sinn.

Wou bleift deen neie Spidolsplang, deen och scho säit laanger Zäit annoncéiert ass? Ech wëll drun erënneren, dass deemools, wéi ech d'Amt iwwerholl hunn, no engem hallwe Joer, dat heescht uganks 2000, déi sougenannten «Carte sanitaire» ausgeschafft war. D'Carte sanitaire, wat e Basisdokument war, wat indispensable war fir kënnen e Plan hospitalier opstellen. Trotzdeem dass ech fir d'ëischt hu missen un där Carte sanitaire schaffen, louch deemools de Plan hospitalier schonn no annerhallwem Joer vir. Ech muss soen, mir waarden dréngend op deen neie Plan hospitalier. An ech muss soen, ech waarde mat grousser Spannung drop, besonnesch wat elo de Bettenofbau ubelaangt.

Ech mengen, den Här Di Bartolomeo huet dräi Méiglechkeeten. Entweder hie bleift bei senger Theorie vu fréier an hie geet nees iwwer fënnef Better pro 1.000 Leit. Da läit hien natierlech total falsch, wat d'international Tendenzen ubelaangt. Déi zweet Méiglechkeet, déi den Här Di Bartolomeo awer huet, hie bréngt et fäerdeg, och wann et schwéieren Häerzens wahrscheinlech wäert sinn, hie gëtt sengem Virgänger Recht an hie bleift bei fënnef pro Mille. Et gëtt awer och nach eng aner Méiglechkeet. Hie geet total am inter-nationalen Trend, an hie geet op ënner fënnef pro Mille. Mä dann huet hie sengem Virgänger nach méi Recht gi wéi am anere Fall.

Ech wëll och, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, trotzdeem hei d'Fro stellen: Wéi ass et mat deene sougenannte Centre-déréférences, déi sollen derzou bäidroen, dass op där enger Säit d'Qualitéit vun de Soiné misst an d'Luucht goen an op där anerer Säit d'Käschte gedréckt ginn. Ech wëll zwee Beispiller vun exzellente Centre-déréférences hei zu Lëtzebuerg nennen. Dat ass selbstverständlech den INCC, an dat ass och de Centre Baclesse. Ech mengen, d'Suite logique vun all Synergiepolitik misst et sinn, dass mer géifen op méi Centre-déréférences kommen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wéini gëtt et endlech eppes Neies, wat d'Nomenclature dentaire betrëfft? Ech ka mech erënneren, den Här Di Bartolomeo huet hei während Joren a Jore verlaangt, dass endlech misst eppes an deem doten Domän geschéien. Hei gëtt elo schonn zënter Joren nees gedoktert, ouni dass eppes geschitt. Idem fir den Dossier médical électronique fir d'Patienten, deen och op sech waarde léisst, an deen net nëmmen zu enger Käschterreduktioun ka bäidroen, mä deen och en plus am Intérêt vun der Gesondheet vun de Patienten ass.

Fir just ee Beispill ze ginn: Mir wëssen hautdësdaags, datt et doudsécher net gesond ass fir d'Leit, wann deeselwechte Patient véier oder fënnef Mol duerch radioaktiv Bestrahlung geet, wou et mat enger Keier onbedéngt kéint duergoen. Idem wat d'Extensioun vum Service Urgence vun de Generalisten op d'Weekender an d'Feierdeeg betrëfft.

Dir kënnt lech erënneren, ech hat deemools, 2001, de Projet pilote initiéiert fir de Service d'urgence am sougenannten Nuetsdängscht anzeféieren. Dee Projet

pilote ass vun 2001 bis 2004 gelaf. 2004 hu mer och schonn déi ëischt Evaluatioun kritt vun de Generalisten. Et ass just drëm gaangen, fir elo dee Service fir eng Extensioun ze maachen, mä och do waarde mer nach ëmmer.

D'Gesetz iwwert den neie Statslabo datéiert genau vum 19. Dezember 2003. Dat sinn also och schonn erëm eng Keier bal, also genau souguer véier Joer hier. Bis haut ass déi ëischt Zill nach ëmmer net geluecht ginn. Do kann de Gesondheitsminister sech scheinbar net beim Bauteminister duerchsetzen, oder wat ass d'Ursaach fir deen onerklärleche Retard? Well mir wëssen alleguerten, an dat schonn zënter Joren a Joren, datt den LNS hei zu Lëtzebuerg eng Zäitbomm ass.

Här President, et geet net duer fir all gudden Dag eng Pressekonferenz ze organiséieren, fir de Leit matzedeele si solle waméiglech d'Hänn regelméisseg wäschen oder si sollen op Génériques zréckgräifen. Dofir, Här President, wäert ech och ufanks vum nächste Joer d'Regierung interpelléieren, wat d'Gesondheitspolitik ubelaangt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach e puer Bemierkungen zum Beräich Sécurité sociale ze maachen.

Och hei ginn et eng ganz Rei vu Beispiller wéi ee ka wäertvoll Zäit an awer och gläichzäiteg Sue verléieren. Ech sinn d'lescht Joer am Kader vun de Budgetdebatten op d'Situatioun am Rentewiesen agaangen an op déi positiv Effekter vum Rentendësch hunn ech higewisen. Ech wëll dat hei op dëser Tribün dëst Joer net nees eng Keier widderhuelen.

Ech wëll awer nach just eng Keier drop hiewisen, datt am Mee 2004 e Gesetz initiéiert gouf, fir een Deel vun de Pensiounsreserven iwwert de Fonds de compensation kënne méi professionell an OPCen ze investéieren, wat eng Plus-value mittel- a laangfristeg mat sech bréngt an esou eis Reserven nach weider konsolidéiere kann. Leider sinn och hei iwwer dräi wäertvoll Jore verstrach, an ech betoune Joren, während deenen d'Evolution um Finanzmaart extrèmement favorabel war a wou an der Gestion de fortune formidabel Rendementer erausgeschloe gi sinn.

De Règlement grand-ducal vum 1. Juli 2005, deen d'Ausféierungsbestëmmunge vun dësem Gesetz festleet, ass, an do widderhuelen ech mech gären, a mengen Aen net ambitiéis genuch, weder an der Zäit, Stéichdatum Enn 2007, nach wat d'Beitrag, déi kënnen an Aktien investéiert ginn, ubelaangt, ganzer 633 Milliounen Euro. Ech hunn de Stéichdatum 2007 elo grad évoquéiert.

Ech géif an deem Kontext gäre vum Minister wëssen, wat dann elo Enn 2007 de Bilan ass a wéi mer duerno solle weiderfueren. De Minister huet an der COFIBU, dat heescht an der Commission des Finances et du Budget am Oktober dëses Joers confirméiert, datt déi Placementer erëischt säit August operationell sinn. De Rendement bei eise Reserve lounge zu dësem Zäitpunkt bei ganzer 3,2%. De Minister schwätzt vun engem progressive Placement vu bis zu 5 Milliarden Euro. De Règlement grand-ducal vum 1. Juli 2005 gesäit awer nëmmen Investissementer vun 1,5 Milliarde vir bis Enn 2007. Et kann een also net iwwert déi Zomm erausgoen, laut Règlement. An nach eng Fro un de Minister - et deet mer leed, datt hien net hei ass - wär dee Moment gewiescht, ob dat Règlement schonn iwwerschafft ginn ass.

Wat de Rentendësch betrëfft, esou war d'Remarque vun der honorabler Madame Mutsch ganz interessant wéi se gemengt huet, datt deen Dossier, bei deem et ëm d'Zukunft vun eise Rente geet, soll mat alle Partner diskutéiert ginn. Och de Budgetminister, den Här Frieden, deen hei ass, huet gemengt elo hei am Parlament d'lescht Woch oder virun e puer Deeg d'Parlament misst sech an déi aktuell Diskussiounen aklicken. Aklicken, hutt Der dat genannt.

Ech muss awer soen, Här Minister, ech froe mech: Wéi sollen d'Parteien sech aklicken an ee Prozess, dee scho bal gelaf ass, ass et dach esou, datt d'Parteien am Virfeld vun deenen Diskussiounen tëschent dem Minister an de Partenaires sociaux leider ausgeschloss gi sinn, also éliminéiert gi sinn? Ech muss awer soen, datt ech mer d'Remarquen, souwuel vun der Madame Mutsch wéi och vum Här Frieden, zu Häerz huelen an datt ech hoffen, datt et endlech soll zu engem zweete Rentendësch kommen, wou sämtlech politesch Parteien och ronderëm deen Dësch sëtze géifen. An dësem wichtege Dossier, wou et ëm d'Zukunft vun eisem Rentewiese geet, däerf eiser Meinung no d'Chamber net ausgeschloss sinn.

Et geet och net duer, datt d'Chamber just pro forma zum Schluss géif mat agebonne ginn, wann d'Haaptdécisiounen scho getraff wäeren. Dat kann op alle Fall net goen. An engem Zäitpunkt, wou de Rapprochement tëschent Employés privés a Statsbeamten dank dem Rentendësch praktesch vollzunn ass, muss endlech gekuckt gi wéi eng Mesure an d'Weeër ka geluecht ginn, fir laangfristeg eise Pensiounssystem ofzesécheren. Och ech si mer bewosst, datt dat net onbedéngt muss eng Saach si vu Méint oder vun zwee, dräi Joer, mä ëmmerhin, muss ech soen, gëtt et awer elo Zäit, datt mer eis eens gi wéi eng Mesurë mer sollten ergräifen, wann de Moment komm ass wou onbedéngt muss gehandelt ginn.

Ech wollt awer och op där heiter Plaz scho virausschécken, wann et sollt zur Verhandlung kommen, zu engem Rentendësch 2, datt op alle Fall d'Demokratesch Partei net wäert matmaachen, wann et eesäiteg nëmme géif drëm goe fir déi 8%eg Participatioun vum Stat erofzesetzen.

Här President, ech erlabe mer lech eng Motioun hei ze iwwerreechen, wou ech d'Regierung invitéieren, fir datt och Parteien solle mat am Diskussionsprozess iwwert d'Rentewiesen ageschloss ginn. Ech hunn eleng ënnerschiwwen, ech hu véier Plazen opgelooes, esou zwar datt Plaz ass fir all déi Interessenten.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la table ronde de 2001, «Rentendësch», sur le système des pensions du secteur privé avait réuni des représentants des partis politiques, des syndicats, du Gouvernement et du patronat;

- considérant qu'aux termes de ses travaux, le «Rentendësch» a réussi à présenter une déclaration finale reprenant les différentes positions et les points sur lesquels un consensus s'est dégagé pour la plupart des participants;

- considérant qu'en date du 28 avril 2006, le Comité de Coordination tripartite a retenu la mise en place d'un groupe de réflexion ayant «pour mission d'élaborer des propositions pour assurer la viabilité à long terme des régimes de pension et d'étudier les différentes mesures qui pourront être envisagées pour garantir cette viabilité à long terme et pour adapter le système des pensions aux évolutions liées aux changements dans le déroulement des carrières professionnelles, au vieillissement démographique et à son impact sur la durée du temps de travail à vie»;

- constatant que ce groupe de réflexion vient d'entamer ses travaux;

- regrettant qu'elle est tenue à l'écart de ces travaux;

- se ralliant à la recommandation de la COFIBU formulée dans son rapport relatif au projet de loi N°5800 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2008 et qui préconise «d'associer de très près la Chambre des Députés à toutes les réflexions concernant les risques et perspectives de notre système des pensions et de la sécurité sociale»;

invite le Gouvernement à

- inclure, à l'instar du «Rentendësch» 2001, les partis politiques représentés à la Chambre des Députés dans toutes les discussions visant à assurer la pérennité de l'assurance pension à long terme.

(s.) Carlo Wagner, Félix Braz, Lucien Clement, Gast Gibéryen, Lydia Mutsch.

An der Assurance maladie steiere mer esou lues awer sécher an eng ähnlech Situatioun wéi mer se am Pensiounssystem hunn, nämlech datt duerch d'Schafe vun neien Aarbechtsplazen ëmmer méi Jonker hei zu Lëtzebuerg cotiséieren, déi awer net sécher sinn, ob se spéider effektiv nach an de Genoss komme vun hirem Investissement. Hei misst ee sech och esou lues Gedanke maachen. D'Fro ass menger Meinung no berechtigt, ob een net misst kuerzfristeg e sougenannte Gesondheitsdësch organiséieren, wou och déi Froen emol géife konkret an am Fong diskutéiert ginn.

Ech sinn der fester Iwwerzeegung, datt d'Quadrupartite, datt déi Gespräicher net duerginn. Do gëtt just diskutéiert mat de Partenaires sociaux. Och an där heiter wichteger Fro iwwert d'Zukunft vun de Krankekeese missten onbedéngt d'Parteien mat an den Décisionsprozess integréiert ginn, an dat ganz besonnesch wann et géif drëm goen, fir wichteg a konkret strukturell Reformen ze huelen.

De grouse Koalitionspartner CSV, iwwert de Mond vum Här Wolter, schéngt och esou lues d'Gedold mam LSAP-Minister vun der Sécurité sociale verluer ze hunn. Esou ass méttlerweil de Projet de loi iwwert d'Reform

vum Divorce erausgezögert ginn. D'Madame Doerner ass scho bal verzweifelt. Si ass eraus verzögert ginn, fir datt den Här Di Bartolomeo endlech sollt säi Projet iwwert de Rentesplitting virleeën.

A puncto Individualiséierung vun de Pensiounsrechter si mer leider an also nach scheinbar meiliewäit vun enger Léisung entfernt. Mir sinn och ganz genau do, wou mer virun dräianenhalleft Joer waren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann an deenen nächste Méint net e gewaltege Ruck duerch d'Gesondheitspolitik geet an net méi Bewegung an d'Sécurité sociale kënnt, fäerten ech, dass mer an deene leschte Jore vill wäertvoll Zäit an dësen zwee dach awer esou wichtege Domäne verluer hunn.

Ech kann nëmmen hoffen, dass endlech Mouvement an déi fundamental Dossiere kënnt. Anerefalls riskéiert den Här Di Bartolomeo an d'Geschicht anzegoen als dee Minister mat deene meeschte Pressekonferenzen, mä ouni konkret positiv Resultater.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Wagner. Als leschte Riedner an dëser Diskussioun ass ageschriwwen den honorablen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions diverses et hilarité)

» **M. Gilles Roth (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Budgetszäit beim Stat ass och Budgetszäit bei de Gemengen. Stat a Gemengen erfëllen zesumme Missiounen am öffentlechen Interesse. D'Gemengen iwwerhuelen am Optrag vum Stat eng Rei vun obligatoreschen Aufgaben, esou zum Beispill den État civil. Zesumme mat dem Stat organiséieren d'Gemengen d'Schoul. Si sécheren d'Waasser- an d'Ofwaasser- versuergung; si sinn zoustänneg fir den Of-fall.

Doniewent iwwerhuelen d'Gemengen eng Rei vu fakultativen Aufgaben an deenen ënnerschiddlechste Beräicher wéi dem Transport, der Émwelt, der Alters- a Gesondheitsversuergung, der Kanner- versuergung, dem Sport, der Kultur an der Fräizäit.

Dat Ganzt spigelt sech am Verdeele vun den öffentleche Suen erëm. A wéi dat bei dem Deelen oft esou ass: Fir déi eng kréien d'Gemengen ze vill Suen, fir déi aner net genuch. An deem Kontext gëtt oft vun enger grondleeënder Reform vun de Gemegefinanze geschwat. Dat kléngt gutt. Et ass awer net esou einfach ëmzesetzen.

Rechtlech gesi foussen eis Gemegefinanzen op zwee Grondprinzipien: engersäits der Autonomie fiscale vun de Gemengen, wéi se an der Verfassung festgeschriwwen ass an elo kierzlech vun dem Statsrot am Kader vu sengem Avis zum «pacte logement» ënnerstrach gouf, an anersäits dem Prinzip vun der Péréquatioun, der solidarescher Ëmverdeelung vun engem Deel vun den öffentleche Gelder tëschent de Gemengen. De Péréquationsprinzip ass an der europäescher Charta iwwert d'Gemengen-autonomie festgehalen. Dëst ass zënter 20 Joer bei eis Gesetz.

Eng vill diskutéierte Fro ass déi vun dem Verhältnis vun den uerdentlechen Einnahme vun de Gemengen am Verglach zu de lafende Gesamteinnahme vun dem Stat. Dëst Verhältnis ass e generell Moossinstrument och op internationalem Plass. Hei zu Lëtzebuerg louch ugangs den 90er Joren de Rapport tëschent den uerdentlechen Einnahme vun de Gemengen engersäits - et sinn dat allgemeng d'Gewerbsteier, d'Dotation de l'État, d'Grundsteuer an d'Recetten aus de Gemengentaxen - an de courantë Recettë vun dem Stat anersäits - bei ronn 25%.

Zënter 2002 läit dëst Verhältnis nach bei ronn 22-23%. Dat mag a Prozenter net vill sinn, ass awer an absoluten Zuelen e jährelche Feelbetrag vu ronn 180 Milliounen Euro.

D'Aufgabe vun de Gemengen am Interesse vun de Bierger sinn an deene leschte 15 Joer gewuess. D'Aféierung vun der

Éducation précoce, der Kannerbetreiuung duerch d'Maison relais, dem Musek-unterrecht, fir nëmmen déi ze nennen, gi vun de Gemengen op dem Terrain organiséiert. Weider Missiounen am sozialen a Gesondheetsberäich, der Jugend an der Ëmwelt, der Integratioun kommen an Zukunft derbäi. Dat kascht Geld an op ville Plazen am Land feelt et un den néidege finanzielle Moyenen.

All Bierger, egal wou hien am Land wunnt, huet awer e Recht op esou Ariichtungen. Duerfir muss eist Land deementspreechend organiséiert sinn. Dat ass eng vun den zentralen Erausfuerderunge vun der Territorialreform, déi eist Land fir seng Bierger brauch.

Dem Avis vun der Cour des Comptes zu dem Statsbudget 2008 no ass zënter 2001 d'Gemengeschild ëm 71% geklomm. D'Gemengeschild belaf sech mëttlerweil op insgesamt 750 Milliounen Euro. Bei 23 Gemenge geet den uerdentleche Boni net méi duer fir d'Schildelaascht zréckzebezuelen. Ee fest Ubanne vun de Gemengefinanzen un d'Statsfinanzen ass dofir néideg.

Bei der heiteger Aufgabenopdeeling wier e Verhältnis tëschent den uerdentlechen Einnahme vun de Gemengen an de courantë Recettë beim Stat vun eent zu véier, also 25% menger Meenung no justifiéiert.

Konkret géif dat esou fonctionnéieren: Sollt duerch déi traditionell Einnahmequelle vun de Gemengen de Rapport vu 25% an engem Budgetexercice net erreecht ginn, da misst an deem Joer dono eng Kompenséierung vun dem Stat un de kommunale Secteur bezuelt ginn. D'Gemengen hätten dann insgesamt méi eng grouss Planungssécherheet. Fluctuatiounen an den Einnahmen, wéi et se an der Folleg vun der Steuerreform 2001 an 2002 gouf, kéinten domat ofgefiedert ginn.

Och d'Regierungserklärung hält am Kader vun enger moderner Gemeng vum 21. Jorhonnert mat kloer Basissmissiounen eng parallell Evolusioun vun de Gemengen an de Statseinnahme fir ubrecht.

Déiselwecht Iwwerleeung gouf et iwwerens och am Kader vun deem vill diskutierten Accord tëschent der deemoleger Regierung an dem Syvicol vun Oktober 2001.

E System vun enger méi staarker Ubannung vun de Gemengen un d'Statseinnahmen hänkt mat enger Rei vu Viraussetzungen zesummen:

1) D'Gemengentaxe fir Offall, Waasser a Kanal a fir aner industriell Déngschtleeschungen maachen e wesentlechen Deel vun den uerdentleche kommunalen Einnahmen aus. Dës Servicer mussen käschtedeckend ofgerechent ginn. Beim Offall gesäit d'Gesetz vun 1994 iwwert d'Gestion des déchets dat implizit vir; fir d'Waasser- an d'Klärtax soll ee sougenannte Prix vérité iwwert dat neit Waassergesetz zustane kommen.

2) D'Grundsteuer ass eng gemengeneege Steuer. Si bréngt de Gemengen awer séier wéineg Einnahmen. D'Grundsteuer mécht hei am Land manner wéi 2% vun de Gesamteinnahme vun dem kommunale Secteur aus. An Däitschland sinn et 6%, a Frankräich 13 an an der Belsch souguer 17%. An England ass d'Grundsteuer déi eenzeg fiskal Recette op lokalem Plang.

Eise System geet op d'Occupationszäit an de 40er Joren zréck. D'Bewäertunge sinn net méi adaptéiert ginn. Si si vläicht souguer net méi an Aklang mat der Verfassung.

Am Kader vun dem Gesetzesprojet iwwert de «pacte logement» kënnen d'Gemengen zwar kuerzfristeg méi geziilt verschidden Immobilien besteieren an doduerch och méi Recettë kréien. Mä mëttelfristeg komme mir an der Logik vun enger steierlecher Equitéit an enger zäitlech ugemossener Einnahmequelle fir d'Gemengen net laanscht eng generell Neibewäertung vun den Immobilien.

Wann dat politesch gewollt ass, da muss och d'Steierverwaltung dann déi dofir néideg Moyennë kréien.

3) D'Gewerbsteuer: Fir vill Leit ee Buch mat siwe Sigelen an eng Gesetzgebung, déi gréisstendeels nach aus dem Joer 1936

staamt. Dës Steuer gouf am dackste punktuell kritiséiert. Déi aktuell Gewerbesteier beinhalt keng ekologesch Komponent. Dës Steuer huet am Sënn vun de Gemegefinanzen awer och hir Mériten. Si gëtt de Gemengen een Ureiz, fir iwwerhaupt d'Betriben bei sech opzehuelen. Duerch den interne Péréquationsprinzip geschitt och eng Ëmverdeelung vun engem Deel vun der Gewerbesteier tëschent de Gemengen.

Dass dës net ëmmer am Goût vun alle Gemengepapp ass, versteet sech. Et wier awer menger Meenung no falsch fir den aktuelle System vun der Gewerbesteier einfach ofzeschaffen an de Gemengen zum Beispill en Deel vun der Kierperschaftssteuer, déi op hirem Gebitt ufällt, ze ginn. Well doduerch géif d'Ongläichgewiicht tëschent de Gemengen, déi Betriben bei sech hunn, an deenen aneren nach verstärkt ginn.

Zënter 2004, also nodeems bei der leschter Steuerreform de sougenannten Taux d'assiette bei der Gewerbesteier vu 4 op 3% erofgesat gouf, ass d'Gewiicht vun der Gewerbesteier un den uerdentlechen Einnahme vun de Gemenge vill manner staark wéi an deenen zéng Joer virdrun. De Rapport ass daitlech zugonschte vun der Dotation de l'État gekippt. De Péréquationsprinzip tëschent de Gemenge kënnt duerfir vill méi staark zum Droen.

Ee méi enkt Ubanne vun de Gemengeneinnahmen un déi courant Recettë vum Stat mat dem Objektiv vun engem Verhältnis vu 25% géif dem Stat eng méi grouss Marge ginn an engem Kontext vun internationaler Steuerkompetitivitéit. Esou kéint een, wann néideg a gewollt, den Taux d'assiette vun der Gewerbesteier wéi schonn 2002 ëm e weidere Prozent erofsetzen, wat opgrond vun den ënnerschiddlechen Hebesätz jee no Gemeng eng Entlaaschtung fir e Betrib vun 2,5 bis 3% géif ausmaachen. Dat feelend Steueropkommes fir d'Gemenge kéint dann duerch eng Bedeelegung un anere Steiereinnahme vum Stat kompenséiert ginn.

4) D'Dotation de l'État: Dës ass mëttlerweil déi Haaptzouwendung vum Stat un de Gemengesector. Si gëtt bekanntlech niewent engem sougenannten «montant forfaitaire», gréisstendeels duerch en Undeel un der Akomessteuer, een Deel vun den TVA-Recetten an engem Pourcentage vun der Autossteuer gespeist, an dann no engem interne Péréquationsschlüssel un d'Gemenge verdeelt. Well d'TVA- an d'Lounsteuerrecetten an deene leschten dräi Joer kräfteg beim Stat geklomme sinn, ass d'Dotation de l'État deementspreechend an d'Luucht gaangen. Si beleeft sech fir 2008 op geschate 622 Milliounen Euro.

Och wann d'Festleegung vum sougenannten «montant forfaitaire» net ëmmer ganz novollzéibar ass, esou bleift d'Dotation de l'État insgesamt ee gudd Finanzéierungsmechanismus. En huet den Avantage vun der Flexibilität. Esou ass den Niveau vun der Bedeelegung un der TVA, der Akomessteuer an der Autossteuer moduléierbar. Jee no Bedarf an am Sënn vun enger méi grousser Diversitéit, kéint och eng Bedeelegung un aner Steuerquellen, wéi virdrun ugefuert, an d'Ae gefaasst ginn. Am Kader vun enger Territorialreform kéint een doriwwer nodenken, fir en Deel vun der Dotation de l'État, e sougenannten «Préciput» ze reservéieren, fir verstärkt regional Zesummenaarbechte vun de Gemengen am Sënn vum IVL ze fördern.

5) D'Subsiden: D'Gemenge kréie vum Stat Subsidien, fir en Deel vun hiren Investitiounen ze finanzéieren. Am Sënn vun de complémentairë Missioun vu Stat a Gemengen, wéi uganks gesot, ass dat prinzipiell berechtigt. Et wär wünschenswäert wann déi Subsidien, fir eenzel Investitiounsberäicher generell, fir all d'Gemengen no deeneselwechte Kritäre géifen accordéiert ginn, ähnlech dem Modell wéi et fir de Précoce an d'Maisons relais haut gutt funktionéiert, wou ee feste Betrag pro Plaz bezuelt gëtt.

Dës Subside sollen dann och no engem festen Zäitplang zügeg ausbezuelen ginn. Dem Statec no huet eleng am Joer 2006 de Gemengesector iwwert 30 Milliounen Euro staatlech Subside präfinanziert. Een einfach novollzéibare Subsidemechanismus mécht fir d'Gemenge vun Ufank un d'Planung méi sécher a jiddfere geëtt fir déiselwecht Investitioun d'selwecht behandelt. Ech sinn der Meenung, dass déi intern Péréquation tëschent de Gemengen haaptsächlech iwwert déi net affektéiert Zouwendunge soll geschéien, a manner iwwer ënnerschiddlech Subsidentauxen.

Et kann een deem entgéinthalen, dass da verschidde Gemengen hire Bierger net méi

alles kënnen ubidden. Ma do stellt sech dann d'Fro vun der sougenannter «Masse critique» vun de Gemengen. Eist Land brauch keng 116 Gemengen, wou et engem Deel haut schonn en eegene Mëttele feelt, fir hire Bierger eng Rei vu Basisfunktione ze bidden. Eng Territorialreform mat manner Gemengen, mä Gemenge vun enger gewässer Gréisst, huet duerfir eng absolut Prioritéit. Feelend Infrastrukturen am Land kéinten an engem regionale Kontext punktuell geschafe ginn a staatlech geziilt cofinanzéiert ginn. Et kéinten zousätzlech dezentral Aktivitéitszone geschafe ginn, wou dann all Gemengen eege fiskal Einnahmen hätten. De Gruef tëschent sougenannten „räichen“ an „aarmen“ Gemenge géif manner grouss ginn. Déi öffentlech Finanzmëttele kéinten um lokalen Niveau méi effikass agesat ginn.

Här President, eis Gesellschaft huet sech verännert. D'Uspréich vun de Bierger op lokalem Plang sinn awer anerer wéi virdun 20 oder 30 Joer. Eis Gemenge mussen sech den neie Besoinë vun de Bierger upassen. Si brauchen dofir déi néideg finanziell Moyenen. Eist Land muss sech an engem Zesummespill vu Stat a Gemengen där Erausfuerderung stellen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Roth. Elo huet den Här Budgetsminister Luc Frieden d'Wuert.

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härn Deputéierten, ech géing fir d'éischt gären am Numm vun der Regierung all deene Kollege Merci soen, déi zum Budget geschwat hunn. Dat ass, esou wéi ech gesot hunn, ëmmer eng Geleeënheet, fir iwwer ganz vill Beräicher vun der Politik ze schwätzen, well de Budget d'Grundlag ass zu bal alle Felder vun der Gestaltung vun eiser Gesellschaft. Duerfir sinn och hei eng ganz Rei Iddien opbruecht ginn, déi sécherlech och wäerten Afloss fannen an d'Reflexioun, déi mer a verschiddene Beräicher mussen maachen.

Ech mengen nach eng Kéier, dass dat och ee vun den Ziler ass, déi all Budgetsrapporteur a sengem Rapport huet. Duerfir géif ech och hei nach eng Kéier wëllen der Budgetsrapporteur fir hir Aarbecht, net nëmmen am Budgetsrapport selwer, mä och an deene Méint virdun, wou ech déi Punkte ganz oft mat hir diskutéiert hunn, déi si och wollt an hirem Rapport uschwätzen, Merci soen.

E Budgetsrapport hält net op deen Dag, wou en an der Chamber presentéiert gëtt, esou wéi och déi Budgetsrapporte virdun, déi selbsterständlech och nach ëmmer Elementer dran hunn, déi ëmmer erëm och an der Diskussioun erëmmen. Duerfir ass dat schonn eng Beräicherung vun der Gestaltung vun der Politik hei zu Lëtzebuerg.

Ech géif nach eng Kéier wëllen hei soen, och opgrond vun deenen Interventiounen, déi ech héieren hunn, dass mer gesond öffentlech Finanzen hunn. D'Tatsaach, an dat ass hei net contestéiert ginn, dass mer virum Zil vun 2009 d'öffentlech Finanzen - dat heescht Stat, Gemengen a Sécurité sociale - erëm am Équilibre hunn, ass d'Resultat vun enger konsequenter Spuerpolitik kombinéiert mat enger staarker wirtschaftlecher Croissance. An doduerch, dass mer haut +0,8% vun Bruttoinlandsprodukt hu bei den öffentliche Finanzen - wa mer souguer d'Steierreduktioun net gemaach hätten, hätte mer nach e gutt Stéck méi -, ech mengen, dass ass eng Politik, déi mer mussen viruféieren.

Zu de gesonden öffentliche Finanzen muss een allerdéngs dräi Elementer kucken. Et muss ee kucken: den Defizit oder d'Absence vum Defizit, a mir hu keen Defizit; 2. mir mussen kucken déi niddreg Schold, mir hunn eng Statsschold vu manner wéi 7% vum Bruttoinlandsprodukt - oder öffentlech Schold besser gesot, well och do mussen mer d'Loi de garantie, d'Gemengeschild alles mat berücksichtigen -; a mir hu Reserven.

Duerfir géif ech gären dozou nach eng Kéier eppes soen, well dat hei an der Diskussioun zum Deel falsch presentéiert ginn ass. Mir hunn d'Reserven an deene leschte Joren erëm substanzéiert opgestockt. Net fir kuerzfristeg Politik ze maachen, mä well mer gären domadder déi Investitiounsprojeten, déi mer decidéiert oder geplangt hunn, och an deenen nächste Jore finanzéieren. D'Reserve sinn haut méi héich wéi 1999. Si si bësse manner héich wéi uganks de Joren 2000, wou mer se eng Kéier nach méi héich opgestockt haten. Do hu mer es e bësse méi gebraucht. Elo si se

erëm gutt opgestockt ginn. Duerfir ass dat eng Politik fir déi zukünfteg Legislaturperioden. Dorobber sollt mer am Fong stolz sinn. An déi Politik sollt mer och viruféieren. Déi mussen mer och viruféieren mat eventuellen Iwwerschëss am Joer 2007, an och an deene Joren duerno.

Duerfir ass d'Presentatioun, déi gëschter hei vu Verschiddene gemaach ginn ass - oder virun allem vun engem; dat war d'Interventioun vun der ADR -, fir hei ze soen, dass d'Fongen 2008/2009 eidel wären, einfach faktesch falsch. Ech hu gesot, dass mir 2009, wann ech all d'Avoirë vun de Fongen zesummekucken, iwwer 400 Milliounen an deenen Avoiren hunn, an dass mer mat den Iwwerschëss, déi mer och an dësem Joer kënnen affektéieren, bis 2010 einschliesslech schonn all d'Investitiionsausgaben, déi mer do hunn, getäteg hunn.

Duerfir, Här President, wann Der géint d'Traditioun géift an Ärem Analyteschen, wéi dat gëschter hei gefuerdert ginn ass, en Tableau presentéieren, da géif ech bidden an deem Fall och dësen Tableau mat ze publizéieren. Ech halen net dorobber. Ech hale just drop wann och aner Tableaux an Analytesche presentéiert ginn, wou ee ganz genee gesäit, Fong fir Fong, wivill d'Avoirë si bis 2011. Fir dass ee ganz kloer ka gesinn, ob déi Aussoen, déi gëschter hei gemaach gi sinn, der Realitéit entsprechen oder net.

An eise Fonge si scho bis 2010 einschliesslech all d'Ausgabe couvréiert. Déi eenzeg zwee Fongen, déi dann 2009 en Defizit hunn, sinn de Fonds pour la gestion de l'eau an de Fonds pour la loi de garantie, wat am Fong Remboursementer sinn. Déi zwee Fonge wëlle mer och nach am lafende Joer mat Iwwerschëss dotéieren, esou dass och dann 2009 scho kee Fong e Minus huet.

Duerfir wollt ech lech, Här President, dass ginn. Wann dat net publizéiert gëtt, da soll een dat de Membere vun der Finanzkommissioun wannen ech gelift weiderginn.

» **M. le Président.** - Här Minister, erlaabt Dir eng Zwëschefro vum honorabelen Här Gibéryen?

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wollt den Här Minister just froen, ob aus deem Tableau och ervirgeet, wéi vill Emprunten an de Fonge sinn. Well et war dat, wat ech gëschter gesot hunn: Ech hunn net gesot, et wier näischt an de Fongen; ech hu gesot, wann een d'Emprunten aus de Fongen eraus-rechent, dann ass näischt méi dran, an dat sinn déi Chifferen, déi ech dem Rapport vun der Cour des Comptes enthall hunn.

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Do si selbsterständlech och d'Emprunten dran, an déi Emprunten, déi hu mer jo contrairement zu all den Nopeschlänner an deene Joren extrem niddreg gehalten. Dat heescht, déi éischt Jore no 2000 hu mer iwwerhaupt keen Emprunt gemaach, a fir déi nächst Joren hu mer just 100 Milliounen geléint fir de Fonds des routes an 100 Milliounen geléint fir de Fonds du rail, well dat Projete sinn, déi fir déi nächst Generatioun sinn.

An duerfir kommen ech dann zur Statsschold. Mir hunn déi niddregste Statsschold a ganz Europa. Déi betrëfft um Niveau vun dem...

(**Interruption**)

Jo, ech kommen nach dorobber zréck, well och do hutt Dir gëschter Saache gesot, déi grondfalsch sinn.

D'öffentlech Schold betrëfft 7% vum Bruttoinlandsprodukt. Mir wëssen, dass de Maximum an der Eurozon, deen erlaabt ass, 60% vum PIB ass. Mir si bei 7%. Mir hunn och guer net wëlles dohinner ze kommen a mir bleiwen och bei 7%.

Mä, wa mer d'Statsschold eleng kucken, do wou d'Chamber d'Autorisatioun gëtt, da gesi mer, dass d'Bruttoschold vum Stat fir de Moment sech op 494 Milliounen Euro beleeft, dass sinn 1,5% vum Bruttoinlandsprodukt, an dann ass gëschter hei gesot ginn, dass déi Statsschold absolut net couvréiert wär.

Ech soen lech, dass all déi aner Länner iwwerhaupt kee Fonds de la dette hunn. Mir speisen och weider, esou wéi mer dat an der Vergaangenheet gemaach hunn, mat méiglechen Iwwerschëss dee Fong vun der Dette, fir dass, wann an zéng, 15, 20 Joer déi Schold zréckbezuelen muss ginn, dann och eppes an deem Fong ass.

An duerfir wollt ech lech soen, dass dës Fong och am lafende Joer erëm dotéiert ginn ass. Um Ufank vun dësem Joer hate mer 95 Milliounen am Fonds de la dette. Mir hunn en dës Joer alimentéiert mat 48 Milliounen aus dem normale Budget a 50 Milliounen iwwert d'Mehreinnahmen, déi

während dem Joer erakomm sinn. Déi Politik wëlle mer och weiderfuere.

Ech mengen, datt et richteg ass, datt een och elo scho Suen op d'Säit leet, fir a ville Joren déi Dépense, déi Schold zréckze-bezuelen, mä mir maachen nëmme Schold fir laangfristeg Investitiouns Ausgaben.

Et bleift zu Lëtzebuerg bei enger niddreger Statsschold, well soss mussen déi nächst Generatiounen déi Schold zréckbezuelen a si mussen eng grouss Zënslaascht bezuelen, an dat wëlle mer net.

Et bleift also derbäi, d'Reserve ginn opgestockt, d'Statsschold bleift niddreg, a mir hätte gär bei den öffentleche Finanzen en équilibréierten Haushalt, dat heescht wa méiglech en lwwerschoss. Et wär gutt, wa mer en lwwerschoss hätten, deen nach méi héich wär. Duerfir deelen ech d'Meenung vun der Zentralbank, datt et am Fong gutt wär, wa mer nach méi en héijen lwwerschoss hätten.

Den Här Goerens huet mer déi Fro gestallt: Fir dee méi héijen lwwerschoss par rapport zum PIB ze hunn, dat wär wënschenswäert. Ech soe just, wann een dat wëllt a wa mer dat all zesumme wëllen, da kann een net am gläichen Otemzuch och massiv Steuer-reduktiounen fuerderen, well eisen lwwerschoss vun 0,8% vum PIB wier nach méi héich, wa mer net déi Reduktioun vun de Steiere bei de Privatpersounen a bei de Betriber dëst Joer gemaach hätten.

Déi 300 Milliounen, déi dat als Minder-einnahmen erabrëngt, dat sinn 1% vum PIB. Mir hätten also 1,8% vum PIB lwwerschoss, wa mer net dofir gesuergt hätten, datt souwuel d'Privatleit wéi d'Betriber d'nächst Joer manner Steiere bezuelen.

Eist Zil muss et awer sinn, och wéinst deene laangfristige Finanzéierungsschwieregkeeten, déi mer hunn, datt mer och kucken, weider d'Statsfinanzen net nëmmen am Equilibre ze hunn, mä méi en héijen lwwerschoss nach ze hunn. Dat ass awer net ganz einfach an dat kritt een och net kuerzfristig hin.

Mä wat hu mer gemaach? Mir hunn eng Rei Automatismen op der Dépensesäit gebremst, datt se also net esou schnell an d'Luucht ginn, a mir hunn derfir gesuergt, datt mer aner Dépenses étaléiert hunn iwwer eng länger Zäit.

Mir hunn zum Beispill d'Investitiouns-ausgabe strikt no Plang ausgeféiert, mä mir hu se op engem héijen Niveau gehalen, mä par rapport zum PIB si se net gewuess. Si belaf sech op 4%, 4,1% vum Bruttoilandsprodukt, dat sinn 1,6 Milliarden Euro. Dat wëlle mer och an deenen nächste Joren net méi uwuesse looszen, fir domadder d'Statsfinanzen net extra ze belaaschten.

Grundsätzlech ass dee Budget hei net a Fro gestallt ginn. De Budget ass a senger Zilrichtung vun deene meeschte Kolleegen heibannen approuvéiert ginn. An den Elementer bannendra koume selbst-verständlech ënnerschiddlech Positiounen.

Ech sinn och frou, datt eng Rei Kolleegen iwwert déi laangfristeg Obligatiounen vum Stat geschwat hunn - och elo an där leschter oder zweetleschter Interventioun, där vum Kolleeg Carlo Wagner. Ech mengen, et ass richteg, datt mer eis iwwert d'Finanzéierung vun der Sécurité sociale Gedanke maachen. Och d'Budgets-rapportrice, och de Fraktiouns-president vun der CSV ass op déi Problematik agaangen.

Just musse mer dann alleguerten - an dat war am Fong mäi Message och d'lescht Woch - och dozou Responsabilitéit bekennen an de Leit och soen, net datt herno keng Pensoun méi géif ausbezuelt

ginn, mä datt mer en enorm staarke Wirtschaftswuesstum brauchen, fir deen héijen Niveau vun de Pensioune och no 2020, 2030 ze halen.

An duerfir wëllt d'Regierung jo net vun haut op muer do alles ëmänneren, wéi heiansdo gesot gëtt, mä mir fannen, datt mer mussen eng Diskussioun doriwwer féieren, wéi eng Schrauwe mer liicht unzéie kënnen, fir datt mer herno nach Pensioune hunn, déi op engem räsonnablen Niveau sinn, mä wou mer iwwer Elementer vu Cotisatioun, vun Durée vu Cotisatioun, vu Finanzéierung vun de laangfristegen Ausgabe musse kënnen diskutéieren.

An duerfir hunn ech d'lescht Woch zu Recht gesot, datt ech gären hätt, datt all Partei dozou Faarf bekennt. An duerfir kann ech och am Numm vun der Regierung soen, datt déi Motioun, déi den Här Wagner hei abruecht huet, net géint d'Politik vun der Regierung ass, ganz am Géigendeel. Ech mengen, et wär gutt, wann d'Partei geifen eng Meenung dozou hunn.

Ech géif vläicht proposéieren, dat ee géif am Dispositif vun där Motioun net schreiwen «dans toutes les discussions». Ech mengen, et ass un dem zoustännege Minister fir ze kucken, bei wéi enge Gespréicher hien d'Parteien dobäihëlt. Mä ech mengen, et ass eng Pflicht vun de Parteien, déi eng responsabel Politik wëlle maachen, an deenen nächste Méint a Joren ze soen, wéi si dann d'Gestaltung vun der laangfristeger Finanzéierung vun der Sécurité sociale gesinn, wat e Problem ass, deen an all den entwéckelte Länner besteet, also och zu Lëtzebuerg, an deen hei nach méi staark besteet, well mir ganz vill Aarbechtsplazen an de leschte Jore geschafen hunn a vill jonk Leit hunn, déi elo schaffe ginn an déi herno eng Pensoun musse kréien. Also mengen ech wier et gutt, wann d'Parteien och an iergendenger Form geifen un deenen Diskussiounen bedeelegt ginn.

Duerfir géif ech proposéieren, datt ee bei «dans toutes les discussions» dat Wuert «toutes» géif sträichen, an da géif d'Regierung a virun allem de Minister vun der Sécurité sociale kucken, eng Form ze fannen, fir och mat deenen eenzelne Parteien déi dote Gespréicher ze féieren.

An deem Sënn wollt ech all deene Kollege Merci soen, déi d'Budgetspolitik vun der Regierung ënnerstëtzen. Et ass eng Politik, déi zum Zil huet, en équilibréierte Stats-haushalt ze hunn. Et ass eng Politik, déi awer och wëllt op Virsiicht weiderhi baséieren.

Ech mengen, datt déi grouss Schwierigkeet bleift, datt d'Statseinnahmen héich sinn, mä datt se fragile bleiwen. Ech wëll lech soen, datt, wa mer d'Statseinnahme kucke vum Joer 2007, dann hu mer ugangs Dezember elo d'Einnahmen eran, déi mer eis virgeholl hate fir d'Joer 2007. Dat heescht, Enn November hu mer quasi d'Steieren eran, déi am Budget ugeschloe waren, deen d'Chamber d'lescht Joer gestëmmt huet. Beim Mount Dezember muss een elo kucken, wat dee bréngt.

Et gesäit een och do relativ Ënnerscheeder. Zum Beispill ass d'Kierperschaftssteuer eréischt zu 85% dobannen. Dat heescht, do si ronn 1,1 Milliard erakomm. Mir haten 1,3 Milliarden am Budget stoen. D'TVA awer ass dëst Joer relativ gutt gelaf. Mir hu bis elo schonn 112% vun der TVA eran, dat heescht, bal zwou Milliarde sinn do erakomm, an et waren 1,75 Milliarden am Budget virgesinn.

Mä wann ech all Steieren zesumme kucken, hu mer d'Steieren erakritt, mä et bleift déi grouss Onsécherheet, well mer vun engem

Secteur virun allem ofhänken, engem Secteur, deen international ass, dat ass de Bankesektor, iwwert deen zu Recht, wéi ech fannen, den Här Thiel de Moien nach eng Kéier geschwat huet. Dat ass e Secteur, dee vun externe Facteurs ofhänkt, vun Evénementen op den internationale Boursen. Also kann een net soen, elo schreiwe mer einfach d'nächst Joer an de Budget vill méi Steieren an, well dat kann dono schifgoen.

Mir wëllen an eiser Budgetspolitik eng virsiichteg Budgetpolitik maachen. An nach eng Kéier: Ech gi léiwer dofir kritiséiert, datt mer d'Steiereinnahmen ze niddreg agesat hätten, wéi ze héich. Wa Méieinnahmen erakommen, da ginn déi un d'Investitiounsfonge fir d'laangfristeg Finanzéierung vun Investitiounen vun Infrastrukturen, déi eist Land brauch. Déi Politik hu mer gemaach, mat där Politik wëlle mer weiderfuere.

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun den Debatten ukomm, sauf datt den Här Carlo Wagner nach d'Wuert fret. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

» M. Carlo Wagner (DP). - Jo, Här President, den Här Minister Frieden huet d'Propositoun gemaach, wat d'Motioun ubelaangt, fir «toutes les discussions» erauszehuelen. Also, ech muss soen, ech verstinn, datt de Minister och wëllt emol vun Zäit zu Zäit mat deem een oder mat deem aneren diskutéieren. Dat wëlle mer jo net verhenneren.

Dat, wat mer wëlle verhenneren, dat ass, datt elo op eemol mat de Partenaires sociaux Accordé getraff géife ginn, egal wéini, an datt mer déi géife virgeluecht kréien, an da „Vogel friss oder stirb“.

Ech géif duerfir proposéieren, wann den Här Minister domat averstanen ass, fir «toutes les discussions» erauszehuelen an ze ersetzen duerch «les discussions les plus importantes». Da si mer eis eens.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant que la table ronde de 2001, «Rentendësch», sur le système des pensions du secteur privé avait réuni des représentants des partis politiques, des syndicats, du Gouvernement et du patronat;

- considérant qu'aux termes de ses travaux, le «Rentendësch» a réussi à présenter une déclaration finale reprenant les différentes positions et les points sur lesquels un consensus s'est dégagé pour la plupart des participants;

- considérant qu'en date du 28 avril 2006 le Comité de Coordination tripartite a retenu la mise en place d'un groupe de réflexion ayant «pour mission d'élaborer des propositions pour assurer la viabilité à long terme des régimes de pension et d'étudier les différentes mesures qui pourront être envisagées pour garantir cette viabilité à long terme et pour adapter le système des pensions aux évolutions liées aux changements dans le déroulement des carrières professionnelles, au vieillissement démographique et à son impact sur la durée du temps de travail à vie»;

- constatant que ce groupe de réflexion vient d'entamer ses travaux;

- regrettant qu'elle est tenue à l'écart de ces travaux;

- se ralliant à la recommandation de la COFIBU formulée dans son rapport relatif au projet de loi N°5800 concernant le budget des recettes et des dépenses de

l'État pour l'exercice 2008 et qui préconise «d'associer de très près la Chambre des Députés à toutes les réflexions concernant les risques et perspectives de notre système des pensions et de la sécurité sociale».

invite le Gouvernement à

- inclure, à l'instar du «Rentendësch» 2001, les partis politiques représentés à la Chambre des Députés dans les discussions les plus importantes visant à assurer la pérennité de l'assurance pension à long terme.

(s.) Carlo Wagner, Félix Braz, Lucien Clement, Gast Gibéryen, Lydia Mutsch.

» M. le Président. - Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun den Debatte vum Budget ukomm.

2. Ordre du jour

Op Propositioun vum Minister zoustänneg fir de Budget, dee suggéiert huet, ob mer net de Budget haut solle stëmmen, hunn ech d'Fraktiounen consultéiert, an déi sinn net ofgeneigt, fir dat ze maachen. Wann Der domadder d'accord sidd, da kéinte mer de Vote fir haut de Mëtteg ufanks der Sitzung virgesinn, à moins datt dat anescht gewünscht ass.

» Une voix. - An direkt?

» M. le Président. - Et sinn eng Partie Kolleegen net hei, déi haut de Moien a Conseile sinn, wou se och Budgeten ofstëmmen. Duerfir géif ech soen, mir sollten haut de Mëtteg ofstëmmen, wann d'Chamber domat d'accord ass.

(Assentiment)

Ech gesinn, d'CSV-Fraktioun ass domadder d'accord. De liberale Grupp ass d'accord.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Ech sinn och d'accord.

(Hilarité)

» M. le Président. - D'Sensibilitéit sinn d'accord. Déi Gréng sinn d'accord.

Här Fayot, ass dat an der Rei?

Dir Dammen an Dir Hären, wa mer eis net eens sinn, fir en haut de Mëtteg ze stëmmen, da stëmme mer en d'nächst Woch. Ech hu kee Problem domat. Ech hu just hei opgegraff, wat de Minister an d'Fraktiounen gesot hunn.

» Plusieurs voix. - Mir sinn eis eens. Mir si mat Ärer Propositioun d'accord.

» M. le Président. - Jo, mä ech mengen, den Här Fayot ass net domat d'accord.

» Une voix. - Dach, den Här Fayot ass domat d'accord.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Souguer ech sinn domat d'accord.

(Interruptions diverses)

» M. le Président. - Dir Dammen an Dir Hären, da si mer eis eens: Mir stëmmen haut de Mëtteg am Ufank vun der Sitzung um hallwer dräi iwwert de Statsbudget fir d'nächst Joer of. Domat si mer um Enn vun deser Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 11.14 heures)



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu